Organisatioun sinn, wëll sech nach méi

opmaache fir d'Leit. Ech hoffen datt et
eis geléngt, mer maachen eist Besch.

Wei ass et da mam Engagement
vu Jugendlechen oder och Leit,
déi net lëtzebuergesch schwätzen?
Fannen déi sech bei iech erëm?

Oh mei, dat sinn offe Wonnen. Also: zu
de Jonken. Mir hate phaseweis ëmmer
erëm Jonker déi bei eis aktiv waren,
am Ablack awer net. Graff duergestallt
besteet de Problem dran, datt wann eng
Equipe um Rulle war, déi meescht op
d'Uni gaange sinn an da goung et erëm
vun Null lass. Et ass och net einfach,
ENG Jugendsektioun ze hunn. Wou ass
déi? Am Süden? An der Stad? Mir menge
mëttlerweil, datt eng Equipe vu Jonken
nëmmen da kéint funktionéieren, wa
- wéi a Jugendhaiser asw. - och ee
Jonken, dee wuel deelweis muss bezuelt
ginn, géing eng Kontinuitéit duerstellen
an och e bësselchen dat Ganzt géing
bündelen. Natierlech nom Wëlle vun de
jonken Aktiven, ma awer als hir Hëllef.
Ma duerfir fehlt - wéi schonns gesot
- eis d'Geld. Anerseits weess een och
aus x Ëmfroen, net nëmme bei eis ma
virun allem och am Ausland, datt déi
Jonk vun haut sech manner direkt an
enger Vereenegung engagéieren, dat ass
alles méi labber. Ech well elo net an
den Detail goen, ma Tatsaach ass, datt



De "Mouvement" muss
et weiderhi fäerdeg bréngen - ech menge
bis elo hu mer et ënnert dem Stréch ganz
gutt gemaach - fir zwar zu wichtigen
Theme Stellung ze bezéien an och
kooperativ mam Staat matzeschaffen,
ma awer dës Fräiheet ze behalen. (Foto
Titelsäit Broschür "Fir eng nohalteg
Entwécklung an de Gemengen", wou
ganz konkret Iddien fir d'Gemengepolitik
entwéckelt gi sinn)



Iwwert all deem Techneschen, eise fachleche Positiounen, d'ärfen mer awer net vergiessen ze soe fir wéi eng Wäerter mir stinn. Well et geet jo eigentlech net ëm Artikel 17 oder en Detail vun der Energie: et geet ëm Fundamentals. Et geet wierklech drëm, de Wäert an d'Schönheet vun eiser Ëmwelt an Natur ze schätzen. Et geet drëm, datt mir iwwerzeegt sinn, datt et niewent de materielle Wäerter immateriell Wäerter gëtt déi – ab engem gewësse materielle Rächtum – vill méi wichteg sinn.

scheinbar hautdesdaags d'Leit de Wee an eng Organisatioun fanne wa se hir privat Situatioun bis méi stabil hunn: d.h. Schaff, Wunneng a Kanner. Oft kënnt den Engagement grad dann, wann een d'Liewen, loosse mer soen, geregelt huet, dat ass éischer ab 35 Joer. Vlächet soll een duerfir och éierlech sinn, seng Grenzen erkennen a virun allem dann d'Leit uschwätzen. Ma awer: wa Jonker Loscht hunn: melltech! Mir wiere genial frau.

Dat mat Leit déi net lëtzebuergesch schwätzen, ass en Dauerbrenner bei eis. Jo, mir schléissen déi Leit aus, wat absolut schlecht ass, z.B. och vun den Europäesche Communautéiten. Ma wat solle mer maachen? Mir sinn eis eens: eis Versammlung sinn op lëtzebuergesch. Wa mer do nach missten eng aner Sprooch schwätzen, da géif fir déi Leit déi elo do sinn, alles nach méi schwéier. Mer hate schonn dru geduecht, fir duerfir en extrae Grupp ze maache mat Leit déi eben net lëtzebuergesch schwätzen, ma dat gong och net: deen ee wollt iwwer Mobilitéit schwätzen deen aneren iwwert Demokratie... mer haten net genuch Leit fir ee Grupp zu engem Thema. Duerfir ass elo eise Motto: Wann eis Homepage sech weiderentwéckelt huet, wëlle mer do eis Communiquéen och op franséisch drop setzen – a bei eis d'ärf jiddferen déi Sprooch schwätze wou e wëll, ma lëtzebuergesch muss e verstoen. Jo, dat ass eng hallefhäerzeg Leistung, ma bon.

Dir triet jo ëmmer fir Sträitkultur no baussen an. Wéi ass et dann no bannen?

Ech perséinlech erliewen de Meco als ganz liewege Veräin. Mir maache jo alt Memberfore wou mer eis Membere fir wichteg Themen zesummeruffen an hunn iwwert d'Joer eng ganz Rei Sëtzen, wou mer offe schwätzen a wou och jiddferen agelueden ass. Dat ass sécherlech nach auszubauen, ma ass awer scho ganz flott.

Do derniewent ass awer nach Folgendes wichtig, och dat ass vlächet net ëmmer no baussen esou ze gesinn. Bei eis si wierklech ganz vill verschidde Leit aktiv: vu mei (wäert)konservativ denkende Leit bis ganz progressistescher. A grad dee Mix ass eis Stärkt. Ech si jo scho laang am Meco an et gëtt ëmmer erëm där Sëtzung wou ech mer denken: wow, et ass einfach flott, datt am Meco esou ganz ënnerschiddlech denkend Leit zesummesetzen, diskutieren (natierlech sinn dat alt hëtzeg Owenten) a mat gemeinsame Wäerter trotz allem eng gemeinsam Positioun erschaffen. Dat ass sécher eng vun de wesentleche Stärkte vun eis: ganz ënnerschiddlech Leit fanne sech bei eis erëm, a grad dee Mix vu verschidde Standpunkter erlaabt et herno, eng Positioun auszeschaffen. Mir sinn och wierklech ganz offe fir déi ënnerschiddlech Standpunkter, dat wat ee Perspektivewissel nennt – sech an d'Haut vum aner versetzen – maache mer nawell gutt, woubäi mäer natierlech d'Nohaltekeetszieler net dierfen aus den Aen verléieren.

Eng leschte Fro zum Meco selwer: wéi finanziert hie sech iwwerhaupt?

Ganz graff: zu baal 80% aus Egemëtelen: Membercotisatiounen, Spenden, Oekofoire. Ongeféier 20% vum Staat. Ech muss soen, jorelaang hunn ech och geduecht, dat ass gutt, datt déi Hëllef vum Staat esou niddreg ass, soss wiere mer ofhängeg. Haut denken ech mer,



Nach e bësselche méi Kreativitéit a Frechheet, méi Ironie a vlächet heiansdo manner nuancéiert, géing eis sécher gutt doen. Woubäi ech awer wëll soen, muenches ass geschitt, ech fannen Aktiounen op der Foire flott, eis Regionale sinn oft kreativ, d'Karikaturen an eiser Zäitschrëft si exzellent... (Foto: Symbolische Einweihung des Tram im Jahre 2002, in dem seine Einführung vorgesehen war)

ma eng Gesellschaft brauch ONGen, dat muss engem Staat och eppes wäert sinn. An ech weess méttlerweil, datt de Meco esou eng stabil Basis huet, datt och 30% Aide vum Staat eis net géingen inhaltlech aus der Bunn geheien, ma et wier awer e bessert Schaffe méiglech. Jo, mir mussen och zu eisem eegene Rôle stoen: wa mir wierklech mengen, datt mir e Rôle ze spillen hunn, da muss et och unerkannt ginn an da muss de Staat dat nach méi ënnerstëtzen. Iwwregens war dat och eng vun den Ausso vu Rio. Mir sinn nun emol keen industrielle Verband oder soss e Grupp, wou d'Memberen aus Eegenintérete musse bezuelen.

Wéi géings du haut de Meco gesellschaftspolitesch positionéieren?

Eise Slogan: "lieweg, kritesch, engagéiert" ass nach ëmmer gutt. Jo, de Meco well de Mix: konstruktiv Virschléi maachen a néi Iddien abréngen; Entwécklungen awer och kritesch begleeden an de Fanger op Wonne léien, eng gewess Referenz am Nohaltegekeetsberäich aus ekologescher Siicht sinn a bësseg a lieweg bleiwen.

Dëse Mix ass immens spannend an an ass d'Stäerkt vum Meco. Mir zécke net ze kritiséieren, kënnen awer Fortschrëtter unerkennen a bréngen och selwer positiv Virschléi an.

Enger Entwécklung wou mer eis musse stellen ass, datt d'Themen engerseits ëmmer méi komplex ginn an anerséits eis Mataarbecht positiverweis och ëmmer méi oft gefrot gëtt. Mir selwer froen oft "Tables Rondes asw...", d'Konsequenz ass, datt der och méi vum Staat an och deelweis vu Gemengen aberuff ginn a mäer och do gefuerdert sinn. Oder awer, mer wëllen eis bei wictegen Gesetzestexten amëschen oder wictegen Dossieren opschaffen.

Ech mengen, bis elo maachen mir dat ganz kompetent. Wou mer mussen oppassen, dat ass, och alt emol ze soen: dat do maache mer elo net, dien Dossier geet ze wäit, dat packe mer net méi an och alt emol e Gesetz net op de läschte Komma ze kucken. An déi Zäit solle mer da notzen, fir eegen Iddien ze entwéckelen a vläit och nach méi kreativ Kampagnen ze maachen. Dat ass noutwendeg, fir datt mer zwar weider eise Rôle iwwerhuelen, dat gréngt "Gewësse" ze sinn, ma eis als éirenamtlech asbl. awer net zevill abanne ze loosene, eis Grenzen selwer ze gesinn, eng gewess Onberechenbarkeet ze behaalen.



Et heescht awer och, datt mer nach Partnerschafte siche sollen mat aneren Akteuren an der Gesellschaft, déi vläit net ëmmer déi selwecht Meenung hu wäer mäer, ma wou en Austausch fir all Seite wicteg ass: dat geet vum soziale Bord, Gewerkschaften bis zu Bewegungen am Drëtt-Welt-Beräich. (Foto: gemeinsam Aktioun mat Gewerkschaften zum Thema öffentlechen Transport)

De "Mouvement" muss et weiderhi fäerdeg bréngen – ech mengen bis elo hu mer et ënnert dem Stréch ganz gutt gemaach – fir zwar zu wictegen Theme Stellung ze bezéien an och kooperativ mam Staat matzeschaffen, ma awer dës Fräiheet ze behalen.

Ech mengen, wat am sougenannte Lëtzebuerger System wicteg ass, dat ass datt Kloertext no bause geschwat gëtt. Datt ganz gezielt Diskussiounen, ënnerschiedlech Standpunkter an d'Öffentlechkeet bruet ginn. Lëtzebuerg géinge vill méi konstruktiv kritesch Stëmme gutt doen. Dat esou staarkt Dréinen hannert de Kulissen, mengen Léisungen à la luxembourgeoise nom schéine Lëtzebuerger Modell ze erfannen ass erdréckend a laangfristeg verheerend fir eng Gesellschaft. Gesellschaftlech Entwécklung brauchen offen Debatten, Sträitgespréicher, Liewegkeet, kritesch Geeschter, e kontradiktöresch a sachlech ausgedroenen Austausch ëm Wäerter... an do géing ee sech villes villes méi zu Lëtzebuerg wënschen. E bëssele Loft a Wand fir Lëtzebuerg opzefrësche wier super, heiansdo kënnst engem dat Ganz dach vill zevill festgefuer fir. Nujee, wat wicteg ass: de Meco soll en Deel vum Wand sinn.

Dat heescht de Spagat tëschent enger gewësser Referenz an Usprichpartner bleiwen an awer sech och fräikämpfen ass wicteg.

Bei der Ofstëmmung iwwert den Entwurf vum EU-Verfassungsvertrag huet de Meco keen Appell fir e "Jo" oder e "Nee" gemaach. Wéi ass dat ukomm?

Ech krut vun eise Membere gréisstendeels e ganz positiven Echo. Et ass jo net wéi wa mäer näischt gemach hätten, am Conträr. No enger ganz lieweger Debatt op eisem Kongress si mäer zur Iwwerzeechung komm, et wäer e Choix wou all Einzelne misst fir sech huelen, well jo och vill verschidden Argumenter oofzeweie sinn (sozialer, ekologescher asw.). Mir waren awer decidéiert an hunn dat och gemaach, mat ze hëllef, datt all Argumenter konnten op den Dësch geluet ginn. Duerfir haate mäer Verrieder vun den europäeschen Ëmweltverbänn agelueden fir hiir Positioun duerzeléien, mäer haaten eng vun den eischten Tables Rondes zum Thema, e Forum op eisem Internet-Site, Pro a Kontro-Bäitreg am Kéisécker. Haut nach werfen eis eenzel Leit aus Parteie fiir, mir hätte missen och méi insistéieren fir de "Jo". Ech stinn derzou, dat wäer falsch gewiecht. D'Leit denke selwer, oft wäer et méi wicteg eierlech Argumenter op den Dësch ze leéien, wéi mäer dat gemaach hunn am EU-Dossier, wéi ze méngen et misst een de Leit soen wat se mussen denken. Eiser Demokratie géing et notzen... an et géif eis Gesellschaft och vill méi fitt maachen, fir iwwert wesentlech Gesellschaftsreforme kënnen ze schwätzen.



Fir op déi Fro virdrun zeréck ze kommen: Ass deen Equiliber tëscht Fachlechkeet a méi kritischem Geescht da ginn?

Jojo, dat mengen ech schonn. Ma natieerlech gesäit ee Verbesserungsméiglechkeeten. Vlächent virun allem op 2 Niveaue.

Nohaltegkeetspolitik ass jo wuel onvermeidbar nawell technesch ginn: Aspeisetarif fir Strom aus erneierbaren Energien, Stromduerchleedung, Artikel 17 am Naturschutz asw. si jo extrem wichteg. Ma iwwert all deem Technesch, eise fachleche Positiounen, däerfe mer awer net vergiessen ze soe fir wéi eng Wäerter mir stinn. Well et geet jo eigentlech net ëm Artikel 17 oder en Detail vun der Energie: et geet ëm Fundamentales. Et geet wierklech drëm, de Wäert an d'Schéinheet vun eiser Ëmwelt an Natur ze schätzen. Et geet drëm, dass mir iwwerzeegt sinn, dass et niewent de materielle Wäerter immateriell Wäerter gëtt déi – ab engem gewësse materielle Räichtum – vill méi wichteg sinn. D'Fro vu Liewesqualitéit ass net ob een 2 oder 3 Autoen huet, ma ob een eng Ëmwelt huet déi vielfälteg ass, Landschaft mat Rou an Diversitéit, gesond Loft an alles dat. Dat ass sécherlech e wichteg gemeinsame Grondwäert. Deen aneren ass deen, wou ebe mat der Debatt ëm nohalteg Entwécklung komm ass: haut esou liewen, dass déi nächst Generatioun nach ka gutt liewen, an awer och dass et Gerechtegkeet gëtt tëscht Nord a Süd. Dovu si mir wierklech extrem wäit ewech: mir vergeuden all Ressourcen



Well mir dierfen awer net dem iwwerflächleche Créneau verfallen a maache wéi wann eng kleng Moossnahm, desen oder die gudder Projet geing fundamental Changementer mat sech bréngen a mer géingen domatt d'Zil vun der nohalteger Entwécklung errechen.

fir déi nächst Generatiounen, mir schafe quasi onléisbar Klimaproblemer asw. asf. Dajee, als Fra däerf een dat soen: Engagement a gesellschaftspolitesch Visiounen hunn e rationellen Ausdruck: mä si sinn e Choix vu Wäerter a Gefiller.

Wat heescht dat fir den Alldag?

Et heescht méi iwwert déi Wäerter schwätzen an et heescht awer vlächent och manner technesch a fachlech schwätzen, wat mer weider zwar musse maachen, ma zousätzlech och mei frësch, frech a lieweg argumentéieren. Net ëmmer an deem Ausmooss Communiquéen, Avisen, Tréppeltier asw., ma vlächent eben och méi ironesch, bësseg, manner brav sinn... Karikature sinn e Wee, ironesch Kampagnen, firwat net och stëpplesch Internet-Filmer, eng Manif oder soss originell Aktiounen. Nach e bësselche méi Kreativitéit a Frechheet, méi Ironie a vlächent heiansdo manner nuancéiert, géing eis sécher gutt doen. Kucke mer

emol, wat mer déi nächste Méint do fäerdeg bringen. Woubäi ech awer wëll soen, muenches ass geschitt, ech fannen Aktiounen op der Foire flott, eis Regionale sinn oft kreativ, d'Karikaturen an eiser Zäitschrëft si exzellent...

Et heescht awer och, dass mer nach Partnerschaften siche sollen mat aneren Akteuren an der Gesellschaft, déi vlächent net ëmmer déi selwecht Meinung hu wäer mäer, ma wou en Austausch fir all Seite wichteg ass: dat geet vum soziale Bord, Gewerkschaften bis zu Bewegungen am Drëtt-Welt-Beräich.

Wei schätzt du dann déi allgemeng ëmweltpolitesch Situatioun am Ablack an?

Absolut gemëscht!! Komm mer huelen erëm de Klimaschutz. Et kann een elo soen: et ass positiv, et bougéiert eppes: mer hunn als Lëtzebuerg eng Strategie erstallt, et ass e Gesetz um Instanzewee dass déi energiespuerend gebaut soll ginn asw. Dat muss een als Meco dann och unerkennen.

Wann een awer weess, dass sech de Klima am Ablack scho verännert, dass eng Zugspitze am Summer soll mat Plastik agekleet gi fir dass de Gletscher net schmëlzt, dass elo mat de Changementer wou mer hu gewosst ass, dass Milliounen Leit virun allem an de Länner vum Süden hieft Heem wäerte verléieren, da kann een déi kleng Succèsen zwar begrëissen, ma et weess een awer: et geet bei wäitem net duer. Nëmme mat deene puer Moossnamen wou elo an d'Wee geleet goufen, wäerte mer an eng Sakgaass rennen. Et geet duerfir drëm, duerchaus positiv Moossnahmen als sollech unzerkënnen, ma awer den eigentlechen Défi net aus den Aen ze verléieren an en och ëmmer erëm anzekloen. Als Mënsch selwer ass ee liewesfrou, positiv agestallt, vill Leit sinn dat bei eis an et ass jo och aus deem Gefill eraus wou ee sech engagéiert. Dann ass een net ëmmer erëm gären deen, deen esou oft op Problemer muss



Am Ablack ass et jo esou, an dat ass absolut begrëissenswäert, dass mer en Ëmweltminister hunn deen offen ass, allerdéngs vermësse mer den Nohaltegkeets-Ruck, deen duerch eng Regierung misst goen. Vill Regierungsmemberen hunn den Défi vun der Nohaltegkeetspolitik nach net erkannt.

opmierksam maachen a seet, et geet net duer an an engem gewisse Senn de Moralist muss spillen, ma dat ass esou. Et gouf eng laang Zäit an der Ëmweltbewegung wou gesot ginn ass, de moralesche Fanger bréngt et net. Et ass sécherlech wouer an et muss een aner Weeër fannen et ze soen, ma soe muss een et.

Ech fäerten zeguer, datt mer dat an Zukunft erëm méi mussen maachen. Well kuck, onofhängeg vun aller politescher Rhetorik: och zu Lëtzebuerg geet d'Aartevielfalt zréck, de Landverbrauch ass net gebremst asw. asf. Der Politik geet et jo alt duer, och kleng Schrëtter ganz grouss erauszébréngen, eise Rôle ass et dann ze soen: dat ass jo schein a gutt, ma et geet bei weitem net duer, wa mer wirklech wellen eng nohalteg Entwécklung hunn, da muss mer nach vill mei konsequent handelen... Well mir dierfen awer net dem iwverflächleche Créneau verfallen a maache wéi wann eng kleng Moosnahm, desen oder die gudder Projet geing fundamental Changementer mat sech bréngen. Eng nei Buslinn bréngt kéng aner Mobilitéitspolitik mat sech bréng! Den Défis vun der nohalteger Entwécklung ass esou gigantesch, datt mer wirklech ganz fundamental Changementer an den eenzelne Liewesberäicher brauchen, datt grondsätzlech gesellschaftlech Reformen absolut noutwendeg sinn. Mir brauchen eng fundamental aner Mobilitéitspolitik, eis Energiepolitik muss an 40 Joer op totalen anere Been stoen wéi haut, mir mussen wirklech all Efforte maachen fir méi Gerechtegheet tescht Nord- a Süd, de Klimaschutz touchéiert all Liewesberäicher an 80% Co₂ spueren mer net an wa mer just piddelen, d'Aartestierwe schrauwe mer just zeréck, wa mer systematesch de Landverbrauch erofgesat kréien an e Mateneen mat Landwirtschaft a Naturschutz.... Ech muss soen, den Erfolleg vun den Ëmweltorganisatiounen wäert sech net dru moosen, op Ekologi en Thema a Medien ass an op hei oder do vun der ëffentlecher Hand e flotte Projet gemaach gëtt: de Succès an d'Erausfuerderung läit ebe grad drann, fir déi eigentlech grouss Défis'en ze thematiséieren an e regelrechte Paradigmenwiessele ze kreien: déi natiirlech Ressourcen an d'Regeneratiounsfähigkeit si Rummen fir eist Handeln, wou mir net kënne veränneren. Am Ablack maache mer wéi wann dat de Fall wäer... Wann et net gelänge wäert, datt Wirtschaftsléit, Verkéiersplaner... déi do Contrainten – an awer och d'Chancen déi dra leien – gesinn, da wäerte mäer fir déi nächst Generatiounen en Echech hunn.

Hutt dir dann den Androck, wéi wann dat Ëmdenken a Richtung Nohalteg Entwécklung do keim?

Am Ablack ass et jo esou, an dat ass absolut begréissenswäert, datt mer en Ëmweltminister hunn deen offen ass, allerdéngs vermësse mer den Nohaltegkeets-Ruck, deen duerch eng Regierung misst goen. Vill Regierungsmemberen hunn den Défi vun der Nohaltegkeetspolitik nach net erkannt.

Eng Rei Entwécklungen si jo positiv. Och dank engem Meco ass en Tram weider en Thema, gëtt et erneierbar Energien asw. Mir hunn eng ganz Rei Succèsen. Ma vill, esou vill bleift ze maachen. An do ass et onverständlech ze gesinn, firwat d'Politik net – nieft ganz banal dem Zwang unzuerkennen dat mer net derlaanscht kommen – och vill méi d'Chancen erkennt, déi an der nohalteger Entwécklung leien: nei Aarbechtsplazen duerch eng wirklech Albusanéierung, wirtschaftlech Virdeeler duerch Betriber déi fit sinn am Energiespueren... Et geet där Moosnahmen zéck déi wichteg sinn a virun allem Virdeeler bréngen. Firwat gi se net ergraff? Fir mech net novollzëibar!

Den Haaptproblem ass a bleift, datt déi nohalteg Entwécklung an d'Ekologie eben net als en Thema vun der ganzer Regierung ugesi ginn, datt mer keng Integratioun an déi eenzel Regierungsressort hunn. Mir soen et ëmmer erëm: de Finanzminister muss sech endlech mat der nohalteger Steierreform ausenanesetzen. De Landwirtschaftsminister muss vill méi offen am Naturschutzberäich an am Beräich biologesch Landwirtschaft ginn! De Wirtschaftsminister, dee jo och d'Energie ënnert sech huet, däerf d'Ekologie net weider als Luxus ugesinn. Hei si mir wirklech nach extrem weit ewech vun deem wat noutwennege ass.

Eng läsch Fro: De Meco an den OekoZenter Lëtzebuerg hu jo hiire Sëtz am Pafendall an engem Haus, wat scho baal zesummefällt. Dir hutt d'Iddi vun engem neien OekoZenter. Wéi ass do de Stand der Dinge?

Elo grad wou den Interview gemaach gëtt, deed sech eppes. Anscheinend soll nach virun der Oeko-Foire am Regierungsrot driwwer geschwat ginn. Mäer hoffen dat inbrünsteg, wéll eist Haus kann ee scho baal net méi als Haus bezeichnen an ech mengen Vertrieeder vun Industriesäit wäeren emol net bereed eng Woch dran ze sinn. Wann näischt mat eisem Haus geschitt, weess ech net, wat mer géinge maachen. Engersäits fällt eist Haus wéi gesot gläich zesammen, anersäits gleewe mer drunn, datt fir Lëtzebuerg e neien Zenter – wou mer géingen Formatioun, Informatioun, Weiterbildung, Sensibiliséierung am Beräich nohalteg Entwécklung, Verbraucherberodung grouss schreiwen – an die no ekologesche Kritäre gebaut wäer, eng immens Beräicherung wäer. Mäer hunn déi Visioun, dien Dram, dien en immense Qualitätssprong wäer... hoffe mer, datt e séier an Erfülleng geet. Am Fong wäer et vum Staat aus en Unerkennen, datt een ekologesch Stréimunge brauch an datt déi grad esou ënnerstetzt ginn wéi aner gewerkschaftlech oder industriell Kummeren. Nët méi, awer och net manner.

Interview pr / gf



Mäer hunn déi Visioun, dien Dram vun engem neien "OekoZenter", engem Repère fir déi nohalteg Entwécklung, dien en immense Qualitätssprong wäer... hoffe mer, datt e séier an Erfülleng geet. Am Fong wäer et vum Staat aus en Unerkennen, datt een ekologesch Stréimunge brauch an datt déi grad esou ënnerstetzt ginn wéi aner gewerkschaftlech oder industriell Kummeren. Nët méi, awer och net manner. (Foto: maquette vun engem neien Zenter)

De Profil vun eiser Partei am Beräich Ekologie schäerfen

Interview mam Marc Schank, Buergermeeschter an Deputéierten, CSV, deen och jorelaang am Mouvement Ecologique aktiv war, iwwert seng Vuë vun der Politik a seng Virstellungen, wéi de Stellwäert vun der Ekologie ka klammen.



Ech sinn e Mënsch, dee gären no bei de Leit ass. Ech kommen eigentlech vum Mouvement an d'Gemengepolitik a vun do an déi national. Ech gi gäre mat Leit ëm an ech wëll de Leit an der Partei d'Meiglechkeet gi, sech nach méi iwwert Aarbechtsgruppen anzebréngen.

De Kéisécker: Marc, du waars jorelaang am Mouvement aktiv an hues dunn de Choix getraff, fir dech an enger Partei ze engagéieren. Wat ass däi perséinleche Bilan vun dengem Engagement um nationale Plang?

Marco Schank: Dat ass schwéier ze soen, do muss een Zäit hunn en ze maachen. Well national Politik ass träge. Dat ass dat éischt wat ee léiert, wann een an d'Chamber kënnt: et ass een an der Chamber, an nït an der Regierung. Duerfir sinn engem seng Moyene limitéiert. Et kann een an enger Partei an an enger Fraktioun seng Meenung soen. Ma et ass een ee vu 24. Et ass vläicht nach déi eng oder aner Kollegin oder Kolleg, déi engem séng Meenung am ekologesche Beräich oder soss hëlleft ze verrieden. Ech fannen awer, datt mer

iwwert d'Partei eraus, besonnesch och um Niveau vun der Chamberskommis-sioun, eng Partie Saachen erreicht hunn. Mä fir e richtege Bilan ze maachen, do muss een awer e bësselchen Zäit hunn a kucken, wat ass an de leschte Jore réusséiert a wat net. Ech denken un déi héich Ozonwäerter, déi mer de Moment hunn, déi a mengen Aen e Skandal sinn. Datt mer dat an Europa net an de Grëff kréien ass net ze verstoen. Sécherlech gëtt et keng Léisung X, ma et muss ee sech awer eng Strategie ginn.

Wéi bewäerts du däi Choix, vun enger ONG an d'national Parteipolitik ze wiesselen?

Engagement an enger ONG mécht een eng Zäit vu sengem Liewen. Souguer wann ech net an d'national Politik gaan-

ge wier, hätt ech mäin Engagement net ëmmer esou weidergefouert. Ech stinn zu menger Memberschaft am Mouvement an ech sinn och frou, datt et de Mouvement gëtt an en ass och zu Lëtzebuerg duerch näischt am Moment ze ersetzen. Wann de Mouvement zu engem spezifesche Sujet e Communiqué mécht, an en äussert sech zu iergend engem Problem, deelen ech déi Meenung sécher net ëmmer, ma awer dacks. Gottseidank gëtt et de Mouvement fir ëmmer erëm de Fanger op d'Wonn ze leeën.

Am Ablack huet een awer, wann ee ganz éierlech ass, den Androck, wéi wann an der CSV de Stellwäert vun der Ekologie – dezent ausgedréckt – net immens héich wier. Wéi gesäis du dat?

Et ass bei eis ëmmer méi roueg an de Ressorten, déi mer net um Niveau vun der Regierung begleeden, dat gëllt net nëmme fir d'Ekologie. Déi Ressorte déi déi aner Majoritéitspartei stellen, hu bei eis an der Fraktioun net deeselwechte Stellwäert. Et deet mir eigentlech leed, datt mir als Partei ni de Courage haten den Ëmweltministère als Regierungsverantwortung ze huelen. Dann hätt den Thema ganz sécher och en anere Stellwäert. Um Niveau vun der Partei géing ech mer wënschen, datt d'Ekologie an Zukunft géing méi eng grouss Roll spillen. Et ass bei eis an der Partei vill Kraaft an dei lescht 2 Wahle geluet ginn, déi national an déi kommunal. Ech selwer sin der Meenung, datt mer erëm méi Aarbechtsgruppen brauchen. Mir hu vill Memberen, an déi déi sech wëllen abréngen an eppes ze soen hunn, sollen dat kënnen iwwert déi Aarbechtsgruppe maachen.



Ech stinn zu menger Memberschaft am Mouvement an ech sinn och frou, datt et de Mouvement gëtt an en ass och zu Lëtzebuerg duerch näischt am Moment ze ersetzen. (Foto: De Marc Schank am Ufank vu sengem Engagement op enger Manifestatioun géint d'Faalestellen an der Juegd)

Ech stelle mer fir, datt een do am Beräich Ekologie verstärkt de Profil vun eiser Partei schäerft.

D'Ekologie ass jo net nëmmen d'Responsabilitéit vun dem Ëmweltminister. De Contraire ass de Fall. Ekologie ass en Thema, wat grad vun alle Ministère muss opgegraff ginn. An et ass eng Tatsaach, datt CSV-Ministernen an hire Ministère ganz oft net wierklech eng progressiv Nohaltegkeetspolitik maachen. Beispiller: keng nohalteg Steierreform am Finanzministère, e schwaarzen Innenminister deen d'Gemengen net grad ënnerstëtzt an hirer Klimaschutzpolitik, e Landwirtschaftsminister deen net genuch fir regional Qualitéitslabelen a Biolandbau mécht. Wichteg Schlüsselministère gi vun CSV-Ministernen besat, a si gräifen Nohaltegkeetsthemen net genuch op.

Et misst een elo all Thema eenzel duerchhuelen... Et ass jo esou, datt, an dat seet de Mouvement jo och ëmmer, déi ganz Regierung an der Verantwortung ass. Dat ass emol dat alleréischte. Si hunn och d'Konsequenzen ze droe wa Saache schif ginn oder net an déi Richtung, wéi ech mer et virstellen. Komm mer huelen awer emol e Beispill eraus, de Logement. Dat dauert mir einfach ze laang, do stellen ech mir Froen. Firwat ass net éischter éppes am Kontext Albausnëierung geschitt? Firwat ass net éischter eng nei Wärmeschutzverordnung, déi elo

fir d'nächst Joer geplangt ass, geholl ginn? Dat si Saachen, déi sinn einfach, do ass kee grouse Brimborium rondërem ze maachen, bis een déi Saache stoen huet.

Da komm mer huelen den Thema vun der nohalteger Steierreform eraus. Am Kader vun der Klimastrategie gouf gesot, et wier virun allem eng CSV gewiescht an net eng sozialistesch Partei, déi nach ëmmer keng nohalteg Steierreform an d'Wee leed. Ass dat net awer e Problem fir dech?

Ech si mir elo net sécher, ob dat bei deem do Punkt effektiv esou ass. Heiansdo ass dat wat no bausse gesot gëtt, och vun de Sozialisten, net onbedéngt dat wat se wierklech bereet sinn ze maachen. Esou einfach ass et net. An dat treëft och besonnesch op déi nohalteg Steierreform zou. Ech mierken awer, datt sech eng Regierung eens ass, datt een net méi wäit wëll goen. Do well ee just kleng Schrëtt maachen, wann iwwerhaapt. E graduellt Erauskomme vum Tanktourismus kéim héchstens a ganz klénge Schrëtt.

Wéi fillt sech e Marco Schank an där Situatioun?

Ech muss éierlech sinn, ech si keen Expert wat Steierfroen ubelaangt. Ech weess och net wat dat elo konkret géing bedeuten fir eise Staatsäckel, wa mer e graduellen Ausstieg wëilten hunn, et ass jo net alles schwaarz a wäiss. Mä richtig

ass, datt ech do och gär méi séier viru komm wier. Ma da kennt derbäi: den Ennerscheed vum Spritpräiss vis-à-vis vum Ausland gëtt ëmmer méi kleng, esou datt irgendwann kee méi den Détour géing maachen.



Et deet mir eigentlech leed, datt mir als Partei ni de Courage haten den Ëmweltministère als Regierungsverantwortung ze huelen. Dann hätt den Thema ganz sécher och en anere Stellewärt. Um Niveau vun der Partei géing ech mer wënschen, datt d'Ekologie an Zukunft géing méi eng grouss Roll spillen.

Mä et muss ee sech nawell eng Strategie am Beräich Steuerreform am allgemengen an Tanktourismus am besonnesche ginn!

Jo, do si mer eis eens, dat ass richtig.

D'Leit stëppele jo alt heiansdo, datt d'CSV frou ass, datt se en ekologesch Figeblat huet mam Marco Schank. An datt de Marco Schank awer schwéier Méiglechkeeten huet d'CSV méi ekologesch ze maachen. Wat sees Du op dat Gespréich?

Dat ass awer bestëmmt net esou. Et ass keen dee seet, d'CSV ass méi gréng doduerch datt se de Marco Schank oder de Marcel Oberweis oder nach en aneren huet. Ech maache mäi Match a menger Fraktioun an a menger Partei. Sécherlech kéint ee méi maachen, ech hu jo kuerz ugedeit, datt ech méi Aarbechtsgruppe wëll, fir datt d'Leit bei eis méi zu Wuert kommen an Zukunft. Mä déi national Politik ass fir mech eppes, wat net lassgelist ass vun der regionaler a kommunaler Politik. Natierlech investéieren ech mech nach méi a menger Gemeng a Regioun. Bei der lokaler a regionaler Politik sinn d'Saache méi einfach ëmzesetzen, dat ass gewosst. Wann een als Buergermeeschter oder als Präsidant vun engem Naturpark mat senge Kollegen zesummen am Scheffen- a Gemengerot Décisionen hëllt, da sinn déi séier ëmsetzbar.

Ma ech wëll awer net soen, datt näischt geschitt ass. Et ass awer méi einfach ginn, wann een eng Niddregenergiesiedlung oder aner Projeten am Ëmweltberäich wëllt maachen. Fir mech ass d'Politik e Ganzt. An ech soen et nach eng Kéier, wann een "nëmmen" Deputéierten ass, dann huet een net ganz vill Méiglechkeeten. Ech kann ëmmer erëm – an dat maachen ech och a menger Partei an a menger Fraktioun – ekologesch Positiounen abréngen, ma eng Majoriteit decidéiert. Ausserdeem sinn ech jo eigentlech a menger Partei a Fraktioun méi zoustänneg fir d'Sujete vun den Affaires intérieures, also Gemenge, Waasser, Landesplanung, an net fir d'Ëmwelt.



Et kéint ee sech jo eng Rei flott Saache virstelle wann een Ëmweltminister oder wann een Inneminister oder soss e Minister wier. Ech kann als einfachen Deputéierten ëmmer erëm meng Meenung soen an et sinn dann d'Majoritéiten déi decidéieren.



Mir sinn amgaang e Bilan ze maachen wat de Naturpark Uewersauer eis bruet huet an dono mussen d'Gemengen decidéieren, ob mer mat engem Naturpark Uewersauer virufieren oder ob se ophalen. Woubäi et och eng Fro vun den Erwaardungen ass. (Foto: De Marc Schank viru baal 20 Joer bei enger Veranstaltung vum Mouvement Ecologique, wou sech fir de Naturpark Uewersauer agesat ginn ass)

Mengs du, datt s du als Generalsekretär – wous du elo deng Kandidatur stells – deng Iddië méi ënnert d'Leit kriss? Oder ass d'Gefor, datt s du méi Waasser muss an däi Wäi schëdden, well s du jo awer elo definitiv eng Parteimeenung vertrieede solls?

Eischtens: Ech sin dat nach net.

Zweetens: Bis elo hunn ech net d'Impressioun, datt ech Waasser a mäi Wäi schëdden, anerer schëdde mer es héchstens dran. Ech vertrieede meng Positioun. Ech sinn awer net an der Regierung an hunn net déi Force an déi Muecht – obwuel Muecht e Wuert ass dat ech net gär hunn – déi Méiglechkeete fir z.B. als Minister Saachen ëmzesetzen. Et kéint ee sech jo eng Rei flott Saache virstelle wann een Ëmweltminister oder wann een Inneminister oder soss e Minister wier.

Am Fong ass Ekologie och e klassesche wäertkonservativen Thema. Wat sinn dann denger Meenung no d'Grënn, firwat sech och eng CSV net méi am Thema engagiert, och wann ee bedenkt, datt eng ganz Rei vun hire Wieler sech wuel an deem Thema géinge méi erwaarden an och sensibel drop sinn.

National prägen natierlech virun allem d'Leit aus der Fraktioun den Thema. An der Partei sinn, wéi s du och gesot hues, ganz vill Stréimungen déi soen, dat do ass en immens wichtege Sujet. D'Erhale vun der Schëpfung ass jo e wäertkonservativen Thema. Wann ee mat eiser Basis schwätzt, a mir hu jo als Vollekspartei eng ganz breet, da weess een, datt d'Memberen op deem Sujet ganz sensibel sinn. Ma an enger Fraktioun, do ass ëmmer esou vill Sensibilitét fir

den Thema, wéi Leit déi d'Fraktioun ausmaachen. Leider ass et eben esou, datt déi Sujete bei eis diskutéiert ginn, wann e Projet de Loi oder soss irgend en Dossier, wéi z.B. den CO₂-Aktionsplang oder den Allokationsplang ustinn. Do geschitt dat ganz vill ënner Zäitdrock. Ech muss awer soen, datt de Michel Wolter virun 2 Joer ugefaangen huet och Aarbechtsgruppen anzusetzen, d.h. datt mir och d'Méiglechkeet hunn, net nëmmen an der Plénière vun der Fraktioun Saachen ze diskutéieren, mee och Aarbechtsgruppen hunn, wou ee sech mat Sujete kann ausernee setzen, diskutéieren an och dat dann abrénge kann an de Kommissiounen.

Et kann ee soen, datt s du virun allem, awer och mir zesummen als Equipe vum Mouvement zu engem bestëmmte Moment d'Naturpark-Iddi zu Lëtzebuerg gerett hunn. Wéi e Bilan zitts du elo haut, gutt 10 Joer oder esou no der Schafung vum éischte Naturpark?

Den éischte Naturpark ass offiziell 1999 geschaf ginn, a mir sinn amgaang zesumme mat der DATER an engem Expert e Bilan ze maachen. 2009 sinn 10 Joer eriwwer an da mussen d'Gemengen decidéieren, ob mer mat engem Naturpark Uewersauer virufueren oder ob se ophalen. Ass de Bilan positiv? Et ass jo och eng Fro vun den Erwaardunge vun de Leit. Mir hu Leit bei eis an der Region an och Responsabler vum Park, déi soen den Naturpark ass virun allem en Instrument fir eng ekonomesch Entwécklung. Dat ass awer fir mech wuel e wichtege Deel, awer nëmmen een. Wat ech gemierkt hunn an deene Jore wou mir offiziell Naturpark sinn - mir hu jo scho virun an déi Richtung geschafft - dat ass datt bei de Leit de Volet Ekologie als net esou wichteg ugesi gëtt. Mir stieche vill Suen an d'Ekologie, dat gesäit een net ëmmer esou no baussen. Mir hunn z.B. eng "cellule écologique", déi aus zwee Leit besteet a maache ganz vill um Terrain, mir sinn eng biologesch Statioun. Déi Leit maachen eng exzellente Aarbecht um Terrain mat konkretem Naturschutz, mat Sammele vun Donnéeën an da Conclusiounen zéien a Moosnamen an deem Beräich huelen. Dat ass enorm wichteg, ma awer eppes wat bei de Leit dobaussen op wéineg Intérêt stéisst.

Dat ass gutt gemeet, soe se och nach, wann een d'Saachen explizéiert. Z.B. eng Aktioun, datt d'Fliedermais op ville méigleche Plazen en Ënnerdaach fannen, Kartéierungen, Heckekadasteren, Deeg wou mer déi biologesch Vielfalt an de



© Naturpark

Ech si mer net méi sécher ob net awer de Motto bëlleg, bëlleg eng Kéier wäert beim Konsument fir d'Liewesmittel d'Iwwerhand huelen. Mee e gudder Politiker gleeft jo un dat wat en denkt an duerfir maache mir dat heite jo och. Mä ech hoffen awer - an ech mierken et och - datt an der biologescher Landwirtschaft eng positiv Entwécklung ass. Ech hoffen, datt och déi regional Produiten eng Zukunft hunn, mä et ass net einfach.

Mëttelpunkt stellen ... Ech kéint elo eng ganz Partie Saachen opzielen. Dat mécht fir mech och en Naturpark aus, dat ass eng ursprüngelech Roll vun den Naturparken, dat no baussen ze kommunizéieren. Eben de Leit d'Zesammenhäng aus der Natur, aus der Ëmwelt méi no bréngen.

Ma d'Grondfro ass eben: wat erwaart ee vun engem Naturpark? A mir sinn elo am Gaang eis ze hannerfroen, ob dat wat ech mer erwaarden oder och mäi Kolleg Buergermeeschter aus der Nopesch- oder enger anerer Membergemeng ... ob dat dat selwecht ass.

Ginn d'Leit déi an der Géigend wunnen dann och an irgengender Form an déi Auswärtung do agebonnen?

Mir schwätzen am Ablack wéi mer solle viruoen. Dat ass awer eng gutt Ureegung. Mir wellen zumindest déi Leit déi Multiplicateur sinn an der Region mat abannen. Eppes wat mir festgestallt hunn ass, datt d'Masse critique vun eiser Region awer relativ kleng ass. Ech hunn an der Vergangeneit ëmmer plaidéiert, an do hunn ech mech awer net duerchesat kritt, fir just een Naturpark am Norden ze maachen. Ech soen dat elo haut nach, ech hätt léiwer een eenzegen Naturpark. Gutt, elo sinn et der zwee, an dat ass elo och net ze änneren. Mä ech froe mech ob et net besser gewiescht wier just een ze maachen. Virun allem wann ee kuckt, wat dat en Opwand ass: déi Comitéen, déi verschidden Aarbechtsgruppen, déi Leit

déi mer beschäftegen... Ech froe mech ob mer net méi efficace kéinte schaffen wa mer eng Struktur hätten.

Wéi schätzt du den Impakt vum Naturpark op den Tourismus an?

Ech froe mech wat wier bei eis touristesch, wann et den Naturpark net géng ginn. Mir hunn et souwiesou schwéier als Region, wéi allgemeng déi ganz Ardennen. Mir hänken zu 80-90% vum Fräizäittourismus of. Mir kënnen net wéi d'Stad Lëtzebuerg oder en Deel vun der Musel mat Munneref oder de Süden, och vum Business-Tourismus profitéieren. Mä och do geet et drëm, wat ee well. Wann ee seet, mir hunn et net fäerdeg bruecht - an do si mir jo och op privat Promoteuren ugewisen - verstärkt och Infrastrukturen an den Eck ze kréien. Et ass laang vun engem Wellness-Hotel um Séi geschwat ginn. Sou Infrastrukturen sinn natierlech och enorm wichteg. Mä ech mengen awer, datt mer et fäerdeg bruecht hunn eis als Naturpark touristesch op eng flott Manéier duerstellen an och flott Produiten entwéckelt hu fir d'Leit an eis Region ze zéien. Obwuel do och nach vill ze maachen ass, d'Besucherlenkung ronderëm de Séi ass. Elo am Summer kommen méi wi 300.000 Leit bei eis hei op de Séi, an do muss nach muenches geschéien. Mir hunn elo eng Etude um Dësch leien an ech hoffen, datt ech et nach erliewen, datt mer déi Saachen och kënnen ëmsetzen, déi ech mer do virstellen.

Mir hunn och d'Bauern ëmmer als wichtegt Element am Naturpark gesinn. A mir gesinn d'regional Qualitätsproduiten och als ee wichtige Schrack um Wee zu enger biologescher Landwirtschaft. Wéi gesäit d'Situatioun vun de Baueren aus a wéi steet et mat der Schafung vun engem Naturpark-Label?

Do huet een alt d'Impressioun, déi Polariséierung tëscht de Baueren déi bewosst biologesch schaffen oder op Richtlinienubau setzen – fir iwwerhaapt eng Chance ze hunn als kleng Betriber eng Nisch ze fannen – an den dach méi grouse Betriber zouhëlt. Déi eng probéiere sech e Wee ze ginn, doduerch datt se sech eng Nisch erschafen, ob dat elo Agrartourismus oder regional Produiten oder Biolandbau ass. An da si Betriber, déi éischter fir e méi groussen anonyme Konsum produzéieren. Besonnesch och Betriber iwwer Lëtzebuerg eraus.

Mir hu sécher eng Clientèle, déi stänneg regional oder biologesch Produkte kafen. Ma ganz vill fueren déi Schinn just, wann emol erëm iergende Liewesmëttelskandal an d'Haus steet.

Mierkt dir dat esou staark?

Jo, ganz kloer. Déi eng Kéier war et wéi mer déi geckeg Kou haten. Dunn huet d'Metzlerei tëscht 20 a 25% zougeluecht an dat huet dunn erëm ofgehall. Dat ass just ee Beispill. D'Gemeng Heischent baut elo en neie Buttek vum Séi, wou d'Bauern eng Plattform kréien. An net nëmmen d'Bauern aus dem Naturpark Uewersauer, mä och d'Bauern aus dem Naturpark Our an och d'Biobauern. Si sollen eng Plattform kréie fir Agrarspezialitéiten ze verkafen. Där wou ee wierklech ka soen, hei déi do Baueren hu sech d'Méi gemaach artgerecht an ekologesch ze schaffen. Mir ass et wichteg, datt déi Betriber déi nohalteg produzéieren, eng Chance fir eng Zukunft hunn. Ech weess awer net ob dat esou riicht ausgeet, ob net awer eng Kéier de Gros vun de Konsumenten, ech soen elo mol, an de Lidl, oder wéi déi alleguernten heeschen, geet.

Virun e puer Joer hues du dat do méi positiv gesinn an hues och méi Vertrauen an de Konsument gehat ...

Jo. Ech si mer do net méi sécher ob do net awer de Motto bëlleg, bëlleg eng Kéier wäert d'Iwwerhand huelen. Mee e gudder Politiker gleeft jo un dat wat en denkt an duerfir maache mir dat heite jo och. Mä ech hoffen awer – an ech



"Ech sinn a mengem 25te Joer an der Gemeng, dat mécht e jo awer net éieweg. Et wier awer schued, wann ech elo géing soen, hei ech maachen just nach Kommunalpolitik. Ech mengen, datt déi Stëmm géing national fehlen." (M. Schank anlässlich eines Kongresses des Mouvement Ecologique)

mierken et – datt an der ekologescher Landwirtschaft eng positiv Entwécklung ass. Ech hoffen, datt och déi regional Produiten eng Zukunft hunn, mä et ass net einfach.

Misst de Staat dann net och nach méi seng Responsabilitéit iwwerhuelen, duerch Kampagnen wéi "vum Produzent zum Konsument", méi Transparenz am Duerchernee vu Labelen ...

Ech hu virun 3 Joer mam Nico Loes zesammen eng Proposition de loi gemaach, fir regional, biologesch an och TransFair-Produiten an d'öffentlech Kantinen an d'Schoulen ze bréngen. Deemols ass dat näischt ginn. Mir hunn elo mat der neier Koalitioun en neien Ulaf geholl, ech hoffen, datt do eppes wäert méiglech sinn. Ech muss awer soen, datt mer awer och do wou ech konnt hëllefen, z.B. bei der Produkte vum Séi, schonn eng ganz Partie vun öffentliche Häiser, wéi CIPAn an esou, déi Produiten huelen. A menger Maison Relais, also an der Structure d'Accueil vun dem Schoulsyndikat Heischent/Esch-Sauer hu mir an eise Cahier de charges stoen, datt déi Produkte musse virrangeg genotzt ginn.

Wann d'Leit dech elo géingen héieren, da géinge se den Ënnerscheid an denger Stëmm mierken, wann s du iwwert regional oder kommunal oder iwwert

national Theme schwätz. Du lees nach méi Engagement an deng Stëmm bei de kommunalen a regionalen, a méi Begeescherung. Wann däin Häerz méi an der Regioun schléit, wat zitt dech dann zur nationaler Politik?

Well ech mengen, datt ee kee vun deenen zwee Niveaue kann ausser uecht loossen. Ech hunn nach nie en Hehl doraus gemaach, datt mir déi regional a lokal Politik besser gefällt. Et ass een ëmmer méi à l'aise, do wou e Saache ka relativ onkomplizéiert ëmsetzen. Dat ass eppes wat mir an der nationaler Politik manner gutt gefällt, datt alles méi träg ass. Dat ass nun emol esou. Et wier awer schued, wann ech elo géing soen, hei ech maachen nach just Kommunalpolitik. Ech sinn och a mengem 25te Joer an der Gemeng, dat mécht ee jo awer net éieweg. Ech mengen datt déi Stëmm géing national fehlen. Och wann de Mouvement seet, d'Stëmm vun engem Marco Schank geet net duer. Mä ech maachen dat wat ech kann. Mir sinn zu 60 an deem Haus an do muss jiddferee seng Verantwortung iwwerhuelen.

Wat sinn da virun allem deng Ziler wou s du als Generalsekretär häss?

Ech sinn e Mënsch, dee gären no bei de Leit ass. Ech kommen eigentlech vum Mouvement an d'Gemengepolitik a vun do an déi national. Ech gi gäre mat

Gesunde Lebensführung für Haut und Haar

M. D. Buttek
May  Dötsch
Naturkosmetik an Naturfrisör
Tel. 35 92 17

15, rue de Luxembourg
L-5314 Contern Fax: 35 64 51

Ech sin op:
Mëttwochs: 8:30 - 12:00 14:00 - 20:00
Donneschtes: 14:00 - 18:00
Freides: 8:30 - 20:00
Samschdes: 8:30 - 12:00

Kein Tag ohne wohltuende Düfte und gesunde Raumatmosphäre. 100 % naturreine ätherische Öle dienen Ihrem Wohlbefinden und entspannen. Sie pflegen Körper, Geist, Seele und den Gaumen.



Ich arbeite mit natürlichen Produkten, Basisfetten und -ölen sowie mit Essenzen und Hydrolater. Ich färbe die Haare mit Pflanzenfarben und -extrakten.

Bei mir finden Sie Ruhe zum Stillen Ihres Babys sowie eine Spielecke für Ihre Kinder. In der giftfreien und entspannenden Atmosphäre können Sie sich wohlfühlen.

Große Auswahl an naturkosmetischen und Geschenkartikeln:

Primavera, Martina Gebhard, CULUMNATURA, farfalla, Avalon, Alva, Sodasan, Himalya-Salz, Vielharmonie, Bücher, ODIN, Feige, Duftlampen, -brunnen, -steine, Bade- und Körperöle, Räucherstäbchen, -kräuter und Harze.

Bestellungen für Mischungen aus ätherischen Ölen nach Inge Stadelmann aus den Apotheken in Kempten und Karlsruhe sowie Rosenkugeln für Frauen von Nadja Meffert, Stadtapotheke Baden-Baden.



© Naturpark

Et ass een ëmmer méi à l'aise, do wou e Saache ka relativ onkomplizéiert ëmsetzen. Dat ass eppes wat mir an der nationaler Politik manner gutt gefällt, datt alles méi träg ass. Dat ass nun emol esou. Et wier awer schued, wann ech elo géing soen, hei ech maachen nach just Kommunalpolitik. Ech mengen, datt déi Stëmm géing national fehlen.

Leit ëm an ech wëll an eiser Partei de Leit, d'Meiglechkeet ginn, nach méi hiir Meenung ze soen. Menger Meenung no ass dat elo de Moment en Defizit bei eis. Dat ass gäre wa Wahle sinn, da gëtt sech op d'Wahle konzentréiert. An da gëtt alt net genuch berücksichtegt, datt vill vun eise Memberen net nëmme wëlle Member sinn, mä der vill derbäi sinn, déi méi wëllen. An da muss een de Leit och e Forum ginn. Dat ass awer eng vun de Rolle vum Generalsekretär fir d'Jugend, fir d'Fraen, fir d'Memberen iwerhaapt zu Wuert kommen ze loosse bei gesellschaftlech relevanten Themen.

Mir beméien eis als OekoZenter an als Mouvement zënter Joren, fir datt mir aus dëser – dat dierf een esou soen – Bruchbud wou eise Sëtz ass erauskommen. Elo krute mer och nach vun de Responsable vun der Sécherheet gesot, datt déi Situatioun hei net méi tragbar ass. Wéi gesäis du déi Situatioun, datt e Mouvement zënter Jore quasi beim Staat heesche muss fir kënnen ënnert akzeptable Konditiounen ze schaffen?

Ech muss soen, ech fannen dat am Fong och e Skandal, och wann ee muss oppasse mam Choix vu senge Begrëffer. Ech hat geduecht et wier a festen Dicher. Wann dat net de Fall ass, ass dat net sérieux. Ech fannen, datt de Staat all Ursach huet fir de Mouvement esou evoluéieren ze loossen, datt e seng Roll ka spillen, wéi och ech et vun em erwaarden. Ech mengen, datt de Mouvement eisem Land ganz gutt deet an ëmmer erëm dat seet wat e fir richtig hält, an och ëmmer erëm de Fanger op d'Wonne leet. Dat ass wesentlech. Dat mécht eng Demokratie aus. Dat ass net sérieux, wann een a senger Entwécklung duerch logistesche an ähnlech Problemer gehemmt gëtt.

De Mouvement war och fir mech eng gutt Schoul an en huet mech derzou bewegt, an d'Politik eranzeklammern. Ouni de Mouvement wier ech vläicht net an d'Politik gaangen.

De Mouvement Ecologique war eng flott a wichteg Lieweszeit fir mech.

*Merci fir den Interview
Interview: Blanche Weber*



Virun 20 Joer hätt een sech wuel kaum kënne virstellen, datt de Wee vun eis esou méiglech wier...

Interview mam François Bausch, Déi Gréng, Deputéierten a Schäfte vun der Stad Lëtzebuerg, iwwert déi national a kommunal Politik





Fir datt d'Aarbecht ka wirklich gutt gemaach ginn, sollen d'Députés-Maires op alle Fall ofgeschaaft ginn, mer müssen awer och eppes un der Fräistellung vun de Gemengepolitiker änneren.

De Kéisécker: Am Ablack héiert een lech méi iwwert d'Stad Lëtzebuerg schwätzen, wéi iwwert national Themen. Schléit d'Häerz elo op eemol méi fir d'Kommunalpolitik?

F. Bausch: D'Kommunalpolitik ass immens spannend. Mäi Kolleg de Camille Gira huet mer dat schon ëmmer gesot an ech kann dat elo nëmme bestätegen. Duerfir ass déi lescht 6 Méint effektiv vill Zäit virun allem fir d'Gemeng drop gaangen. Dat huet awer och dermatt ze dinn, datt et mer wichteg war, fir eng ganz Rei Projeten relativ séier un d'Lafen ze kréien. An et muss een och soen, datt ech mech muss un déi nei Roll gewinnen an datt ech och léiwer alles 3mol kucken, amplaz e Fehler ze maachen. Mä lues a lues pendelt sech dat nees an, da kënnt déi national Politik och nees méi an de Virdergrond.

Kann een awer iwwerhaapt éischte Schäfte si vun der Hauptstadt an och nach esou eng zentral Position an enger Partei hunn? Gi béid Saache mateneen? Oder gétt et net och alt Interessekonflikter, virun allem och wann een national an der Opposition ass? Ass déi ganz Situatioun gesond?

Gesond ass et sécherlech nët. Aleng zäitlech ass et en immensen Opwand. Ech hu mer dee Stress zwar selwer gesicht, ma esouvill Spaass et och mécht, ass et awer immens stresseg a belasschend. Inhaltlech gétt et natierlech Iwwerschneidungen an et steet een oft an engem Zwiespalt, well Dossiere kommen, wou een

national vläicht misst anescht Stellung bezéien a wou een awer op kommunal Responsabilitéite muss Rücksicht huelen. Ma ech mengen awer, datt et méiglech ass, den Equiliber ze fannen.

Ech mengen ënnert dem Stréch och, datt zu Lëtzebuerg muss eng Trennung tëschent den 2 Mandater kommen, zemoos a grouse Gemengen. Esou laang et awer net generell geregelt ass, ass een och als Partei an deem System dran. Et hätt een z.B. e Riesennodeel, wann een zwar éischte Schäfte vun der Stad Lëtzebuerg wier, awer net Deputéiert. Einfach well ee mat sengem Deputéiertemandat no bausse vill méi eescht geholl gétt, et huet ee méi en Accès zur Éffentlechkeet, zu der Press asw. Et huet een och gewisse Dréit, wou ee kann iwwert d'Chamber spille loosse.

Et gétt déi wierklech, déi Lobby vun den Députés-Maires, vun där alt geschwat gétt. Duerfir kënne mir och als Partei déi Trennung vun de Mandater just da maachen, wann et eng generell Regelung fir jiddferee gétt. Dat géing och derzou féieren, datt d'Gemengen hir Autonomie anescht géinge spille loosse wéi et haut de Fall ass.

Wat genau fuerdert dir dann?

D'Députés-Maires sollen op alle Fall ofgeschaaft ginn, mer müssen awer och eppes un der Fräistellung vun de Gemengepolitiker änneren. Wann ech déi 2 grouse Gemenge kucken, d'Stad an Esch, do misst de Schäfferot opgewäert a méi

fräigestallt ginn. De Buergermeeschter misst en Hauptamtleche sinn, et ass verreckt, wéivill schon nëmme repräsentativ Saachen de Paul Helminger muss maachen, dat ass net ze bewältegen.

Déi Gréng Partei kënnt jo ëmmer méi an d'Responsabilitéit an de Gemengen. Beaflosst dat Är Grondpositionen? An der Majoritéit kuckt ee jo wuel Saachen anescht an et kann ee vläicht och alt Problemer manner oder anescht beréieren. Brauch een net awer och eng Partei déi méi fräi ass, d'Saachen op de Punkt bréngt?

Et ass kloer: wat ee méi Responsabilitéit kritt, wat ee méi pragmatesch gétt. Eis ass awer eise "fonds de commerce" wichteg, an dat ass déi ekologesch Dimensioun. A mir ginn och net einfach esou a Responsabilitéiten eran, wa mer net och wäitgehend Punkten an de Programm kréien, déi anere Parteien vläicht manner wichteg sinn. Ebe well et net hire Schwéierpunkt ass. Dat ass schon eng wesentlech Differenz. Wa mir elo nëmme komplementär wieren op der sozialer Fro oder där vun der Biergerfräiheet, da bräicht et eis net ze ginn. Mir sinn entstanen aus der ekologescher Dimensioun. Wann ech z.B. an der Stad Lëtzebuerg an de Koalitionsverhandlungen am Beräich vun der Mobilitéit net hätt festhale kënnen, wat mer elo hunn, da wäre mir déi Koalitioun net agaangen. Dat ass och dat wat eis an Zukunft soll weider ënnerscheeden.

Da kommt mir bleiwe beim Thema Mobilitéit. Wann Dir an der Opposition wäert an der Stad, wäert Dir net och scho méi nervös, well et awer erëm méi roueg ginn ass ronderëm den Thema Tram? Et kritt een no bausse net matt, datt eppes leeft. Ënnert dem Mady Delvaux gouf et e Begleetgrupp wou verschidden Akteuren dra waren, a wou een entspriechend konnt mat-schwätzen an zumindest informéiert war an e Prozess konnt begleeden. Hätt Der aus der Opposition eraus net schon e Communiqué gemaach: wou ass den Tram drun?

Jo, dat stëmmt! Dat beweist awer och, datt déi Gréng déi do Dossieren am eeschtsten huele. Wëll keng gréng Partei an der Opposition ass, huet och nach keen aneren d'Fro gestallt. Mä d'Äntwert wär awer einfach. Mir hunn 3 Méint gebraucht, no den Décisiounen vum Gemengerot a vun der Chamber, fir eis mat dem Transportministère an dem Bauteministère ze concertéieren wéi mer weiderfueren. Et war eng Sët-



Eis ass als Gréng Partei eise "fonds de commerce" wichtig, an dat ass déi ekologesch Dimensioun. A mir ginn och net einfach esou a Responsabilitéiten eran, wa mer net och wäitgehend Punkten an de Programm kréien, déi anere Parteie vläicht manner wichtig sinn.

zung téschent der Gemeng Lëtzebuerg mam Transport- a Bauteministère fir ze kucken, wéi mer déi Studie wou vun eis a Motioune verlaangt gi sinn, kéinte widerbréngen. Mir hunn decidéiert, datt mer um Niveau vum Aarbechtsgrupp dee virdu bestanen huet, awer reng um politeschen Niveau, weiderfuere mat schaffen. Déi Etude iwwert d'Verkéisfluxen an der Stad soll relativ séier gemaach ginn, an ass am Lafen.

Gouf dat do dann net scho gekuckt?

Et soll méi präzis op den Tracé ausgeriicht ginn. Et solle fir déi 3-4 Variante vum Tracé – z.B. wéi geet et vum Lampertsbierg duerch d'Stad, geet et iwwert d'Stäreplaz erop, de Boulevard Royal – oder wéi Verkéisberechnunge gemaach ginn. An dann och bis d'Gare erof, dat ass am Lafen.

Dat zweet ass, datt mir jo scho bei engem Büro eng Etude an Optrag ginn hunn, fir de Busdéngscht par rapport zum Tram no 2012 ze adaptéieren. Den Transportministère mécht elo dat selwecht. Et ass elo en Aarbechtsgrupp gemaach gi mam Transportministère, fir déi ganz Busdéngschter en vue vum Tram ze koordinéieren. Mir brauchen déi Virstudien, fir en Aarbechtsgrupp anzesetzen.

Mir denke jo och éischter un e Begleetgrupp

Doriwwer kann ee schwätzen, dat ass eng Iddi wou ee kann opräifen. Ech mengen och net, datt vu politescher Seit wäert ee gréissere Problem bestoen, fir nom Summer esou eppes anzesetzen.

Ech wéilt och eppes Grondsätzlechtes zum Rôle vun de verschiddene Leit soen. Ech géing et net gutt fannen, wann téschent den ONGen an eis e Verhältnis géing entstoe wéi téscht Parteien a Gewerkschaften, nämlech vu quasi enger Verschmelzung. Ech fannen, datt eng gréng Partei méi kann errechen, och wa mer an der Majoritéit sinn, wann ONGen, Ëmweltverbänn hir Aarbecht maachen, och wa mer et heiansdo net gefällt. Geklungels wier net gutt, da géif et keng Öffentlechkeetsarbecht méi. Et ass wichtig, datt et Leit gëtt, déi net an der Aktioun sinn, en anere Rôle hunn.

Wéi sinn elo d'Décisiounphasen, wéini leien déi éischt Schinnen?

Dat do kann eréischt wierklech gekläert ginn – an dat war och d'Virbedingung vum Gemengerot an der Chamber – wann eng Rei Froe gekuckt gi sinn: ass et verkéiersternes machbar, wat bedeit et fir eise Bus, d'Eisebunn asw. Wat d'Stad Lëtzebuerg z.B. betrëfft, esou wäerte fir de Februar all Donnéeën fir d'Reorganisatioun vum Busdéngscht virleien. Ech huelen un, datt et ähnlech ass fir den RTGR. An déi Verkéisberechnungsmodeller kënne menger Meinung no schon éischter fäerdeg sinn.

Dat heescht, den nationale Fränz Bausch, dee fir déi Gréng ëmmer de Spriecher am Dossier Tram war/ass, ass zefridde mat der Aarbecht vum Schäfte Fränz Bausch?

Jo, awer ech mengen net nëmmen national. Wann ech d'Fro gestallt hätt an

ech wier net an dëser Positioun, wier ech mat deenen Äntwerten am Moment zefridden.

Wéi ass et mam Tram am Süden?

Et war eng Entrevue téschent dem Escher Schäfferot an dem Transportminister zum Thema. Ech weess och, datt d'Escher Gemeng zimlech staarken Drock mécht fir datt am Süde parallel déi selwecht Studie wéi fir d'Stad ulafen.

Ass d'Geld da fir all déi Projeten do? Si Dir zouversichtlech, datt de Staat bereet ass d'Geld ze investéieren?

De Premierminister seet jo selwer, datt d'Zukunftsinvestitiounen dat wichtegst sinn. Mir wësse ganz genau, datt wéinst Kyoto, mä net nëmme wéinst Kyoto, ma och esouguer wéint der wirtschaftlecher Entwécklung vu Lëtzebuerg, de Verkéier de Problem Nummer 1 wäert ginn. Ech behaupten, datt wann de Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg net fähig ass sech eng aner Mobilitéit ze ginn wéi am Moment, mir ganz rapid an eiser weiderer wirtschaftlecher Entwécklung wäerte gehemmt ginn. Well et soll ee sech näischt virmaachen: eis Aarbechtsplaze wäerten, och wa méi Pendler sollen op Lëtzebuerg wunne kommen, nach laang mat Frontaliere besat ginn. Well 10.000 Wunnenge mat Schoulen, fir datt déi Leit direkt bei eis wunne kënnen kommen, dat zaubert een net vun haut op muer a scho guer net, wann et och nach IVL-gerecht soll ginn. An do maache mir op alle Fall Drock. Mir wäerten de Budget 2007 an 2008 ganz akribesch kucken, wou d'Investissementsprioritéiten an der Regierung gesat ginn. Dat wäert fir eis de grouse Knackpunkt sinn an den nächsten 3 Joer.

D'Stad Lëtzebuerg mécht am Ablack eng Vëlos-Etude. Gëtt et e Budget fir d'Ëmsetzung dervun? Eng kuerz-, mëttel- a laangfristige Finanzplannng? A wéi en Undeel soll de Vëlo un der Mobilitéit an der Stad kréien?

Ech war grad zesumme mat mengem Finanzdirekter an do hu mer iwwert d'Prioritéite vum Schäfferot diskutéiert. Eis Servicer kréien elo bei der Budgetopstellung eng Circulaire wou dra festgehale gëtt, wéi eng Prioritéiten de Schäfferot am Budget gesäit. An déi si ganz kloer: Spueren an den "dépenses courantes", haaptsächlech investéieren an d'Zukunft an do virun allem Logement, Mobilitéit a Stadentwécklung. An de ganze Schäfferot huet eben den



De Premierminister seet jo selwer, datt d'Zukunftsinvestitiounen dat wichtegst sinn. Mir wësse ganz genau, datt wéinst Kyoto, mä net nëmme wéinst Kyoto, ma och esouguer wéint der wirtschaftlecher Entwécklung vu Lëtzebuerg, de Verkéier de Problem Nummer 1 wäert ginn.

erklärte Wëllen, an de Vëlo gréisser Sommen ze investéieren, dat ass eng absolut Prioritéit.

D'Zilsatzung muss menger Meenung no kloer sinn, datt 10% innerstädesche Verkéier soll duerch eng "mobilité douce" évitéiert ginn. Ech weess net ob mer dat erreichen, mä et ass eist Zil. Duerfir wëlle mer eng Rei Saache maachen, mer schaffen um Réseau – d'Etude gëtt am September virgestallt – denken un nei Lifter asw. Dat soll elo graduell ëmgesat ginn. Mir maachen e Plang iwwert e puer Joer.

Zousätzlech maache mer eng Sensibiliséierungscampagne, de Startschoss ass an der Mobilitéitswoch am September, mer wëllen eng richteg Vëloskultur zu Lëtzebuerg. En anere Punkt ass, datt mer wëllen e performante Vëlolocatiounssystem aféieren, well dat e weidere Schub gëtt.

Ech hu souwisou perséinlech d'Impressioun, datt scho vill méi Leit erëm mam Velo fueren. Ech mengen, d'Leit spieren iergendwou, datt de Wëllen do ass, fir eppes fir de Vëlo ze maachen. Ech hunn z.B. virun 2 Deeg en E-Mail kritt, wou e Vëlosfuerer mer geschriwwen huet, datt e mat Freed festgestallt hätt, datt awer schon eng Rei Saache geännert hätten. Et ass z.B. elo an der Stad e Chantier deen och eng Vëlospiste betrëfft. Fréier wier d'Vëlospiste einfach ewech gerappt ginn, elo ass se awer mat geréckelt ginn. Dat si vläicht kleng Saache, ma se sinn awer symbolesch och wichteg. Ech sinn immens optimistes, datt d'Stad spëitstens an 3 Joer wäert anescht ausgesi mat de Vëloen.

Wéi bewäert eng gréng Partei am Ablack d'Regierungspolitik an ekologesche Froen?

Allgemeng als net terribel konsequent. Éischens emol ass d'Organisatioun vun der Regierung net gutt. Mir hunn nach ëmmer Ressorten, déi eiser Meenung no aus ekologesche Grënn zesumme gehéieren, z.B. de Bauteministère misst nëmme do si fir d'Stroossen ze bauen, mä net fir se ze plangen. Ech fannen nach ëmmer mir bräichten e Verkéiersplanungsministère, mir hunn nach ëmmer kee Verbraucherschutzministère an

dat spigelt sech och an der Praxis erëm. D.h. et gëtt dat Eent an dat Anert déci-deiert oder ugekënnegt.

Ech soen ëmmer: herno zéien ech gären de Bilan 2009, wat och vun de villen Ukënnegungen ëmgesat ginn ass. Dee Beweis ass bis elo nach net um Dësch. Och den Ëmweltminister hänt sech oft wäit aus der Fenster, wat ech begrëssen, mä de Bilan zéie mer 2009 wat konkret dobäi eraus komm ass.

Ech hoffen, datt et net esou weider geet wéi beim Kyoto-Allokatiounsplang, well dann ass et herno Sand an d'Äe gestreet. Dann hu mer vläicht vill Sensibiliséierung gemaach vun de Leit, wat och net schlecht ass, mä dann hu mer awer net vill gemaach fir d'Land weider ze bréngen.

Et fehlt mir einfach un der Sensibilitéit an duerfir hunn ech dës Kéier no der Tripartite dee Brëif geschriwwen. Ech war immens frustéiert um Enn vun der Tripartite, net datt ech der Meenung war, d'Gewerkschaften hätte keng Affer bruecht oder d'Accorde wieren näischt. Mä well ech einfach sauer doriwwer war, datt et schéngt wéi wann iwwert déi zukünfteg Entwécklung vu Lëtzebuerg iwwerhaapt net geschwat gi wier. Et ass nëmme geschwat gi bis 2009 an iwwert kuerzfristeg Mesüeren. An duerfir hunn ech dee Brëif geschriwwen. Ech war dunn alt zefridden, datt de Juncker fir d'ëischt an der Lag vun der Natioun iwwert dee groussen Iwwerbau Ëmwelta Klimaproblematik geschwat huet.



Déi ganz Klimaproblematik steet fir mech symbolesch, ob mer et packen, Zukunftserausforderungen opzegräifen. Wa mer déi Problematik net verstinn, dann hu mer net eng Rentemauer, mä eng Stolemauer, dat gëtt eng eenzeg Katastroph. Mir schuppen de Ball elo schon zënter 20 Joer hei zu Lëtzebuerg virun eis hier a mir mussen endlech ufänken do konkret ze handelen.

Déi ganz Klimaproblematik steet fir mech symbolesch, ob mer et packen, Zukunftserausforderungen opzegräifen. Wa mer déi Problematik net verstinn, dann hu mer net eng Rentemauer, mä eng Stolemauer, dat gëtt eng eenzeg Katastroph. Mir schuppen de Ball elo schonn zënter 20 Joer hei zu Lëtzebuerg virun eis hier a mir mussen endlech ufänken do konkret ze handelen.

Et ass och net richtig, wann en Ëmweltminister seet, ech wëll net am Beräich vum Tanktourismus d'Land ruinéieren. Deen, deen haut nokuckt an nach 5-10 Joer esou weiderfiert, dee ruinéiert d'Land, well déi do Einnahmensch ass souwisou net ze haalen.

Dat ass eigentlech dat wat fehlt, et misst e richtege grénge Fuedem duerch déi ganz Regierung goen. Et misst verstane ginn, datt d'Ëmweltproblematik net nëmmen e Problem vum Ëmweltminister ass, mä och vum Finanz- a Bauteminister, d.h. datt all Ministère iergendwéi domatter konfrontéiert ass. An dat fehlt absolut.

Wéi ass Är Äntwert zur Ausso, déi Greng géingen zevill Waasser an hire Wäi schëdden, fir mat der CSV an déi nächst Regierung ze kommen?

Dat gesinn ech an der Kategorie vu politesche Spillereien, déi mech awer eigentlech wierklech net interesséieren. Natierlech ass et och d'Zil vun all Partei fir vläicht eng Kéier an eng Regierung ze kommen, mä mam beschte Wëllen, mer maache keng Koalitionsaussoen.



Et ass och net richtig, wann en Ëmweltminister seet, ech wëll net am Beräich vum Tanktourismus d'Land ruinéieren. Deen, deen haut nokuckt an nach 5-10 Joer esou weiderfiert, dee ruinéiert d'Land, well déi do Einnahmensch ass souwisou net ze haalen.

Mir hunn eng eegestänneg Linn mat als Grundpfeiler der ganzer ekologescher Dimensioun, a mir wäerten eis dorunner halen. Fir 2009 stelle mir eise Programm op, a maachen déi nächst 3 Joer Drock op eisen Themen, wéi mer dat och an der Vergaangenheet gemaach hunn. Da sollen d'Wahlen décidéieren, wat do eraus kënnt. Wann eng Konstellatioun, egal wat fir eng datt et ass - enfin, net egal wat fir eng, mam ADR géif ech natierlech keng maachen - mat demokratesche Parteie méiglech ass an de Programm stëmmt, da si mir bereet och Responsabilitéit ze huelen. Mä dat hänkt iwwerhaupt net vun enger Faarf of, mä wierklech just dovun, wat vum Programm herno erauskënnt. Virun de Gemengewahlen huet all Mensch gesot, no de Wahlen ass et schwaarz-gréng, elo ass et awer blo-gréng.

D'Gemeng Lëtzebuerg wäert elo hire Bebauungplang iwwerschaffen. Wéi offe si Dir do fir nei Akzenter ze setzen a Richtung "secteurs sauvegardés", verdichtend Bauen, "Parkplazegestioun" asw. Wéi offe gi Dir och mat de Propose vun de Leit ëm?

Mir sinn do ganz offen. Mir haten e Brainstorming vum Schäfferot zesumme mat eisem Service d'architecte an aner Servicen, déi an deem ganze Prozess involvéiert sinn. A mir wëllen net einfach en neie PAG maache, mä wierklech och iwwert dee PAG soen, hei dat ass eis Zukunftsvisioun vun der Stad Lëtzebuerg fir an 20 Joer oder wat och ëmmer. Mir wëlle wierklech eng Verknäppung maachen tëschent deenen dote Froen - Wéi bebaue mer, wéi dicht, wat bebaue mer, Mobilitéit... D.h. déi Visioun vun der Stad entwerfen och en fonctioun vun all deene Saachen.

Do ass eng immens gross Bereetschaft do. Mir haten och ganz flott Diskussiounen zesumme mat eise Servicer, wou ech relativ begeeschtert erausgaange sinn. Ech fannen, datt dat e ganz flotten Exercice war an ech mengen, datt dat eng ganz flott Saach wäert ginn.

E kloert Ziel ass et och fir e groust Schwéiergewicht op d'Biergerbedeelegung während deem ganzen Prozess ze leeën. Mir sinn eist bewosst, datt ganz gudd Iddien aus der Bevëlkerung kommen, och heiansdo abstruser, mä et muss ee jo net alles maachen, herno kënne mir nach ëmmer d'Responsabilitéit iwwerhuelen. Et geet awer och drëms, déi gutt Iddien déi awer do sinn, mat anzebauen, fir eng Akzeptanz ze kréien. Et kann een nëmme Leit herno fir eppes



Dat ass eigentlech dat wat fehlt, et misst e richtege grénge Fuedem duerch déi ganz Regierung goen. Et misst verstane ginn, datt d'Ëmweltproblematik net nëmmen e Problem vum Ëmweltminister ass, mä och vum Finanz- a Bauteminister, d.h. datt all Ministère iergendwéi domatter konfrontéiert ass. An dat fehlt absolut.

begeeschteren, wann ee se och matgeholl huet ënnerwee. Nieft dem Mobilitéitsberäich an dem Logement gëtt dat dee groussen zentrale Schwéierpunkt déi nächst Joeren an dee betrëfft esou zimlech alles. An do sinn ech wierklech ganz optimistesesch.

Wat huet sech un Ärer Bléckweis geännert, zënter datt Dir Schäfte sitt?

Als Positives: de Kontakt mat de Leit. D'Leit si vill méi oppe fir Saachen, wéi dat alt behaupt gëtt. Negativ ass awer d'Feststellung, datt et eng Tranche vu Leit gëtt, déi e bësselche salopp gesot soen "macht alles, ma net viru menger Dier". Do musse mir eis och bewosst ginn an och d'Ëmweltverbänn, datt mer méi an Zukunft drop insistéieren, fir eng Part des choses gemaach ze kréien. Dat ass sécher net ëmmer esou einfach, ma awer wichteg.

Wat heescht déi do Siichtweis fir e Bürgerbedeuleungsprozess an der Stadtentwécklung?

Ma déi Siichtweis bleift extrem positiv. Eis Spriechstonn Dënschdes moies funktionnéiert elo wonnerbar, mer hunn ëmmer jiddferree 4-5 Leit hei bei eis. Do ass natierlech och emol deen een oder aneren derbäi, dee mat enger Abstrusitéit kënnt. Ma superflott ass, datt een duerch en Direktgespréich vill Informatiounen iwwert de Quartier kritt an zweetens op eng relativ informell Aart a Weis Problemer beschriwwen kritt, déi een oft séier léise kann.

Dir kritt alt vu Leit virgeworf, datt Dir lech an de leschten 20 Joer stark verännert hutt an Är Carrière lech besonnech wichteg wier...

Ech gesinn dat net esou. Wann ech hätt wëllen eng politesch Carrière maachen, hätt ech mer et kënne méi einfach maachen. Natierlech hunn ech mech verännert, ech hunn e laange Wee hannert mer, mat villen Diskussiounen, Gespréicher an och Streidereien. Ma a mengem Kapp huet sech näischt grondsätzlech verännert. Ech hu vläicht d'Method geännert

a sichen aner Weeër fir dohinner ze kommen, wou ech wëll. Ech hunn awer e bësselchen d'Gefill, wéi wann d'Praxis mer éischer géng Recht ginn. Well dat wat an de leschte 6 Joer vun de Gréngen erreicht ginn ass, och an der Oppositoung, léisst sech jo awer weisen.

2009 setze mer eis natierlech zum Zil nach méi staark ze ginn. Mä wa mir awer net an d'Regierung kommen, da kräisch mer net. Dat ass net de Problem. Ma de Fait ass, an den Ëmweltminister betount et jo elo och selwer: hien ass frou, datt déi Gréng eso staark gi sinn, well dat hëlleft him och Saache besser duerchgesat ze kréien. Effektiv kann et och en Zil si vun enger Partei aus der Oppositoung eraus derfir ze surgen, datt Themen opgegraff ginn. An der Majoritéit, dat stellen ech virun allem op Gemengenniveau fest, geet et awer méi séier. Ech fannen et soll een d'Leit jugéieren op deem wat se an der Praxis maachen.

Wat géng d'Thers (*) haut zu der ganzer Entwécklung soen?

Esou wéi ech hatt kënnen, géng hatt et éischer gutt fannen. Natierlech net alles, well duerfir ass hat zevill sträitfreedeg gewiescht, wat hat esou sympathesch gemaach huet. Ma hatt war eigentlech e ganz pragmatesche Mensch. Ma et hätt sech wuel ni kënnen denken, datt de ganze Wee esou méiglech wier. Ech si 86 bei déi Gréng komm, ech hätt gesot du spënnst wann ee mer gesot hätt, wou mer elo 20 Joer derno géinge stoen. Ech mengen, hatt géng och staunen, ma wier awer frou.

D'Zilssetzung muss menger Meenung no kloer sinn, datt 10 % innerstädtesch Verkéier soll duerch eng "mobilité douce" évitéiert ginn. Ech weess net ob mer dat errechen, mä et ass eist Zil. Duerfir wëlle mer eng Rei Saache maachen, mer schaffen um Réseau – d'Etude gëtt am September virgestallt – denken un nei Lifter asw. Dat soll elo graduell ëmgesat ginn. Mir maachen e Plang iwwert e puer Joer.

Merci fir den Interview

Interview: Blanche Weber

(*) D'Thers Bodé war jorelang an der Grénger Partei aktiv, langjäreg Liewesgefährtin vum François Bausch a war – nodeem et bei der Grénger Partei sein Engagement opginn hat – och am Verwaltungsrat vum Mouvement Ecologique. Hat stoung fir konsequent Engagement am ekologesche Beräich, an ass awer leider viru gutt 10 Joer gestuerwen.

"Indian Summer in der Rue Beaumont"?

Ist das IVL-Konzept nun ad acta gelegt?



Auch in Zukunft immer mehr Pendler aus den Grenzregionen - trotz IVL!

Am 28. August 2006 veröffentlichte das "Luxemburger Wort" in der Reihe "LW-Sommerinterview" ein Interview mit Innenminister J.M. Halsdorf unter dem kecken Titel "Indian Summer in der Rue Beaumont". Eine der Hauptthesen des Innenministers bezog sich auf die sog. territoriale Reform, d.h. die Neugliederung des Gemeindewesens. Dem Schreiber dieses Artikels fiel jedoch eine eher nebenbei gemachte Aussage besonders auf, die Fragen über das Planungsverständnis des Ministers aufwirft.

Von Januar 2004 datiert die Veröffentlichung des integrativen Verkehrs- und Landesentwicklungskonzeptes (IVL), das seit diesem Zeitpunkt sozusagen als allgemeingültige "Bibel" der Landesplanung in Luxemburg angesehen wird. Dies ob- schon das Konzept keine rechtliche Basis hat, sondern ein Arbeitsinstrument für die Planung auf nationaler, regionaler und kommunaler Ebene darstellen soll. Da argumentieren Promotoren, wie in Roeser mit dem Argument, ihr (überdimensioniertes) Siedlungsprojekt sei – da in der Nähe der Eisenbahn gelegen – IVL- konform, da genehmigt der Innenminister stark verdichtet gebaute Lotissements mit Hinweis auf das IVL-Konzept – auch wenn, wie in Walferdingen, dies auf Kosten des öffentlichen Raumes erfolgt.

Erinnern wir daran, dass das IVL-Konzept (www.ivl.lu) zu einer Reihe von äußerst bedeutsamen Schlussfolgerungen gelangte:

- So sollten z.B. die in den Ortschaften gelegenen Baulandreserven zunächst genutzt werden und dabei neue Siedlungsflächen prioritär in der Nähe von Haltestellen des öffentlichen Transportes ausgewiesen bzw. entwickelt werden;
- Die Bevölkerung sollte in erste Linie in den sog. "zentralen Orten" überdurchschnittlich anwachsen, jedoch "moderater" in den ländlichen Räumen.

Eine der zentralen Fragen der IVL-Autoren war in diesem Zusammenhang:

"In Zukunft: mehr Pendler nach oder mehr Einwohner in Luxemburg?"

Ausgangsbasis im IVL war die Anzahl der Arbeitsplätze in Luxemburg, die für 2020 mit 395.000 angenommen wurde. Dies würde laut IVL (2004) eine Zunahme um 106.000 Arbeitsplätzen bedeuten, wobei allerdings die Wohnbevölkerung nur unwesentlich zunehmen würde. 91.000 Arbeitsplätze wären entweder durch mehr Zuziehende oder durch mehr (tägliche) Einpendler aus dem nahen Grenzgebiet zu "besetzen".

Die IVL-Autoren unterschieden in diesem Zusammenhang zwei Szenarien:

- Beim "Pendlerszenario" wurde angenommen, dass 75 Prozent der 91.000 neuen Arbeitsplätze von "frontaliers" besetzt würden, deren Zahl somit auf insgesamt 168.000 ansteigen würde.

Die Zahl der Einwohner stiege nur moderat auf 511.000. Es würden somit weniger Neubauflächen notwendig, jedoch würde die Anzahl der durch das erhöhte Pendleraufkommen gefährdeten Pkw-Kilometer um 1 Mio höher sein (und damit auch die CO₂-Emissionen) als bei dem sog. "Einwohnerszenario".

- Im "Einwohnerszenario" würde die Zunahme der Arbeitsplätze nur zu 40% von "frontaliers" belegt d.h. die Einwohnerzahl würde stärker steigen (auf 561.000), die Zahl der Grenzpendler jedoch bescheidener (auf 136.000). Dies bedeutet jedoch die Ausweisung neuer Siedlungsflächen (mit verdichteter Bauweise), die mit öffentlichem Verkehr erschlossen werden müssen, neue Infrastrukturen und eine weitaus stärker zielgerichtete Raumplanung.

Ein hochrangig besetztes Expertengremium empfahl im Oktober 2003 den politisch Verantwortlichen für das Einwohnerszenario zu optieren, u.a. weil die sog. "kritische Masse" erzielt werden könne, die für den Betrieb von schienegebundenem öffentlichen Transport notwendig sei und auch ein Umdenken in Richtung flächensparenderer Bauweisen erfolgen könne. Eine Empfehlung, welche von der Politik auch grundsätzlich übernommen wurde.

"Ende 2007 sehen wir weiter..."

Die mit höchstem fachlichen, technischen und finanziellen Aufwand inszenierte IVL-Studie scheint jedoch auf höchster politischer Ebene nur eine begrenzte Bewusstseinsänderung ausgelöst zu haben. Auf die Frage im erwähnten LW-Interview, ob der Minister weiterhin an die sechs Planungsregionen in Luxemburg sowie an das IVL "glaube" lautete die Antwort: *"Und ob. Vereinfacht gesagt, befinden wir uns im so genannten Pendlerszenario. Und wir wachsen schneller als erwartet. Ende 2007 wollen wir ein erstes Monitoring abgeschlossen haben. Dann sehen wir weiter."*

Kein Wort des Ministers über die Tatsache, dass die vom IVL doch angepeilte Trendwende in Richtung "weniger Pendler, mehr Einwohner" in weiter Ferne zu liegen scheint. Kein Wort darüber in wiefern der geplante Wohnungspakt mit den Gemeinden vielleicht dazu beitragen könnte, den Trend progressiv zu verändern...


Es liegt auf der Hand, dass man nicht von heute auf morgen sozial erschwingliche Baupreise herbeizaubern kann oder dichtere, und doch qualitätsvolle Bauweisen in den Mentalitäten der Menschen durchsetzen kann. Nur: wenn der Innenminister auf die himmelschreiende Diskrepanz zwischen den hehren Ansprüchen der Bibel aller Bibeln, dem IVL, nicht eingeht, dann nährt er nur einen Verdacht, nämlich den Verdacht, dass die Politik die notwendige politische Steuerung nicht durchsetzen kann oder will. Und die Hemmschwellen die einer Politikänderung entgegen stehen, nicht einmal thematisieren möchte.

Und dass sie, de facto, das IVL-Konzept schon in einen Archivraum abgeschoben hat, zumindest was diesen (allerdings) grundlegenden Aspekt der Bevölkerungs- und (!) Verkehrsentwicklung anbelangt.



Manchmal spiegelt sich eben das Selbstverständnis von Politik (in diesem Falle der Landesplanung) in Nebensätzen wieder... Und in der Tat: Gibt man den Begriff *"Indian Summer"* im Internet (www.wikipedia) ein, so kann man u.a. folgende Erläuterung lesen: *"Verbreitet ist ... auch die Erklärung, dass die weißen Einwanderer Geschenke von Indianern als minderwertig betrachteten und die herbstliche Schönwetterperiode, da kein vollwertiger Sommer, eben ein Indianer-Sommer sei."*

Der Titel des LW-Interviews trifft demnach, gewollt oder ungewollt, voll ins Schwarze: die durch aufgrund des IVL-Konzeptes erfolgte landesplanerische Aufbruchstimmung hat sich – wie ein "indian summer" – als zeitlich begrenztes Phänomen erwiesen, schön, effektivvoll, vorübergehend...

Théid Faber



Schiffner/www.photocase.de



Feste feiern – aber richtig!



Anregungen und Empfehlungen damit das geplante Fest auch aus ökologischer Sicht zum Erfolg wird!

Ob große oder kleine Veranstaltung, ob Musikfest, Grill- oder Vereinsfest, Sportveranstaltung, Volksfest oder musikalisches Großevent, egal zu welchem Anlass und gleich welcher Größenordnung, haben leider in der Regel eines gemeinsam: Sie sind mit mehr oder minder großen Umweltbelastungen verbunden.



In der Tat können Veranstaltungen sehr abfall-, energie- und verkehrsintensiv sein und dadurch u.a. auch Emissionen verursachen, die wesentlich zur Erhöhung des Treibhauseffektes beitragen. Der benötigte Energieaufwand für die Erzeugung, den Transport und die Entsorgung von Produkten, ebenso für die An- und Abreise der BesucherInnen ist enorm hoch.

Der Gebrauch von Einweggeschirr (Wegwerfgeschirr) wie Plastikbechern oder -tellern, Einweggetränkeflaschen und Getränkedosen, deren Herstellung mit einem sehr hohen Energie- und Ressourcenverbrauch einhergeht, sind zudem der Grund für eine besonders unerfreuliche Randerscheinung bei Festen: das hohe Abfallaufkommen.

Maßnahmen zur Abfall-, Energie- und Verkehrsvermeidung zählen aus diesen Gründen zu den unerläßlichen Kriterien einer ökologisch und auch nachhaltig ausgerichteten Veranstaltung.

Ökologische Kriterien bei Festen: ein Imagegewinn für die Veranstalter – ein Plus für die Umwelt





Mit einfachem Aufwand lässt sich bei einer Veranstaltung so mancher Akzent in Richtung nachhaltige Entwicklung setzen.

Empfehlungen für eine abfallarme Veranstaltung

"Abfallberge" bei Veranstaltungen entstehen, wie einleitend erwähnt, in erster Linie durch den Gebrauch von Einweg-Trinkbechern und sonstigem Wegwerfgeschirr sowie durch den Verkauf von Getränkedosen, Plastikgetränkeflaschen usw.

Dabei gibt es viele einfach umzusetzende Alternativen, mit denen das Abfallvolumen stark reduziert werden kann und der Veranstaltungsort auch sauberer bleibt.

- Verzichten Sie bei Ihrer Veranstaltung gänzlich auf Einweggeschirr (= Wegwerfgeschirr) aus Plastik oder Karton für Getränke und Speisen. Verwenden Sie ausschließlich Mehrweggeschirr aus Glas und Porzellan und auch Mehrwegbesteck (Metallbesteck). Diese können gespült und wieder verwendet werden.

Dort, wo die notwendigen Anschlüsse vorhanden sind (Wasser/Strom) können Spüllmobile ("Spüllweenchen") eingesetzt werden.

→ Die Umweltberatung hat die "Spüllweenchen"-Liste aktualisiert. Die aktuelle Liste mit Betreibern/Anbietern von "Spüllweenchen" erhalten Sie unter Tel. 43 90 30 - 40

- Dort wo Glas oder Porzellan aus Sicherheitsgründen nicht verwendet werden dürfen, sollten anstelle von Plastik- oder Kartonbechern für Getränke bruchsichere, abwaschbare/spülmaschinenfeste und daher wieder verwendbare Mehrwegbecher aus Kunststoff eingesetzt werden. Um zu verhindern, dass solche Becher weggeworfen werden, ist es sinnvoll eine Pfandgebühr zu erheben. Übrigens eignen sich Kunststoff-Mehrwegbecher als Werbeträger mit Erinnerungswirkung für Ihre BesucherInnen. Die Becher sind i.d.R. vielfarbig bedruckbar z.B. mit einem Logo oder einem Schriftzug.

- Verzichten Sie auf Einweggetränkeverpackungen (insbesondere Getränkedosen, aber auch Plastikgetränkeflaschen), wenn die Getränke in Mehrwegverpackungen erhältlich sind. Besonders die Herstellung von Getränkedosen ist mit einem hohen Ressourcen- und Energieverbrauch verbunden. Sie sind daher aus ökologischer Sicht abzulehnen.

→ Informieren Sie sich über Mehrwegalternativen bei Ihrem Getränkehändler!

- Bieten Sie Getränke weitestgehend offen an, wie z.B. Bier vom Fass anstatt aus der Flasche!

- Vermeiden Sie Portionsverpackungen besonders für Ketchup, Senf, Mayonnaise oder andere Soßen aber auch für Zucker, Kondensmilch usw.

Bei Einzelverpackungen fällt das Verhältnis zwischen Verpackung und Inhalt besonders ungünstig aus und außerdem sind einzeln verpackte Waren in der Regel auch noch teurer.



Bieten Sie Soßen aus Großspendern an – auch Milchkännchen und Zuckerstreuer sind die bessere Alternative.

- Verzichten Sie auch bei Dekoration, Einrichtung und Standgestaltung auf Wegwerfartikel und greifen Sie auf stabile, mehrfach nutzbare Deko- und Einrichtungsgegenstände zurück.

- Verzichten Sie weitestgehend auf kurzlebige Werbegeschenke, sogenannte "Give-aways" mit keinem oder nur geringem Nutzen, wie Wegwerfkugelschreiber, Plastikspielzeug usw. Das optimale Give-away bzw. der optimale Werbeartikel aus ökologischer Sicht ist ein nützlicher und nachhaltiger Artikel. Gebrauchsgegenstände wie beispielsweise Bleistifte, Notizblöcke, Trinkbecher (siehe oben) haben i.d.R. eine lange Lebensdauer, da sie einerseits einen Nutzwert und andererseits eine Erinnerungswirkung haben.

Auf Produkte aus Fernost sollte besonders auch aus sozialen Gründen verzichtet werden. Besser und nachhaltiger ist es auf Artikel zurückzugreifen, die in Europa produziert werden.

→ **WICHTIG:** Informieren Sie Ihre Gäste und BesucherInnen über die Maßnahmen, die Sie umsetzen, um Ihre Veranstaltung abfallärmer und damit umweltfreundlicher zu gestalten. Zum Beispiel durch ein Info-Schild, direkt dort wo Speisen und Getränke angeboten werden oder in Form einer Anmerkung auf Einladungen oder Ankündigungen.



Empfehlungen für die Auswahl von Getränken und Lebensmitteln

Die nachfolgenden Anregungen sollen dazu beitragen, dass

- die Wertschöpfung so regional wie möglich gehalten wird,
- beim Einkauf in der (Groß-)Region, durch den Wegfall von langen Transportwegen und auch weniger aufwendigeren Verpackungen, die Umwelt entlastet wird,
- die kontrolliert biologische Landwirtschaft unterstützt wird,
- ein Beitrag zum gerechten Handel mit Ländern der Dritten Welt geleistet wird.

Getränke

- Bevorzugen Sie regionale Getränke bzw. Getränke aus der Großregion z.B. Mineralwasser, Säfte wie beispielsweise Apfelsaft, alkoholische Getränke wie etwa Bier, Wein oder Sekt.
- Bieten Sie auch einige Getränke, wie z.B. Obstsäfte und Wein, aus kontrolliert ökologischem Anbau an.
- Achten Sie auf soziale Kriterien bei Getränken, die aus klimatischen Gründen nicht aus der Region/Großregion geliefert werden können, wie zum Beispiel Kaffee, spezielle Teesorten oder Orangensaft, und kaufen Sie fair gehandelte Produkte ein. Damit helfen Sie die ökonomischen und sozialen Lebens- und Arbeitsbedingungen in den Produzentenländern zu verbessern. Übrigens sind "faire Produkte" oft auch in "Bio"-Qualität verfügbar!

Fair gehandelte Produkte erkennt man an ihrem einheitlichen Siegel



→ Eine Liste mit Anbietern (Großlieferanten) für TransFair-Produkte in Luxemburg können Sie unter Tel. 43 90 30 – 40 anfordern!

→ Hintergrundinformationen zu fairem Handel und fair gehandelten Produkten finden Sie unter www.transfair.lu

→ **WICHTIG:** Kennzeichnen Sie alternativ angebotene Getränke und Speisen für Ihre Gäste auch als solche auf der Speisekarte und geben Sie Art und Herkunft der verwendeten Produktgruppen an ("aus kontrolliert ökologischer Landwirtschaft", "aus fairem Handel", "aus regionaler Produktion") ggf. mit dem entsprechenden Label.



Bei Getränken gilt: mehr Genuss bei regionalen Getränken im Mehrweg.

Lebensmittel

- Bevorzugen Sie regionale oder aus der Großregion stammende Produkte (Fleisch und Fleischwaren, Kartoffeln für Pommes frites usw.)
 - Bieten Sie auch einige Speisen aus kontrolliert ökologischer Landwirtschaft (z.B. "Bio-Grillwürste" oder Pommes frites aus "Bio-Kartoffeln") an.
- Produkte aus der Region / Großregion kaufen heißt auch, mit der Jahreszeit gehen, regionale Arbeitsplätze fördern, Transportwege vermeiden usw.
- Greifen Sie bei Obst und Gemüse bevorzugt auf saisonale Produkte zurück.
 - Achten Sie auch bei Lebensmitteln, die aus klimatischen Gründen importiert werden müssen, auf soziale Kriterien. Kaufen Sie fair gehandelte Produkte wie z.B. Orangen, Bananen oder andere exotische Früchte und Gemüse, Kakao/Schokolade oder Reis für Ihre Veranstaltung ein.

- Bieten Sie auch vegetarische Speisen an.
- Geben Sie auf Wunsch kleiner Portionen aus (Stichwort Abfallvermeidung).

Allgemeine Empfehlungen

Verwenden Sie recyceltes bzw. umweltschonend hergestelltes Druckpapier, bei deren Herstellung insgesamt weniger Umweltbelastungen entstehen, für Ihre gesamte Öffentlichkeitsarbeit (Einladungsschreiben, Poster, Faltblätter usw.)

Die konventionelle Papierherstellung belastet die Umwelt in verschiedenen Prozessen erheblich durch einen hohen Ressourcenverbrauch (Holz, Energie) und den Eintrag von Schadstoffen in Wasser, Luft und Boden.

→ Eine Liste mit verschiedenen, umweltschonend hergestellten Druckpapieren, die eine kreative Vielfältigkeit durchaus zulassen, können Sie unter Tel. 43 90 30 – 40 anfordern.

Um Ihre BesucherInnen und Gäste darüber zu informieren, dass Sie für Ihre Drucksachen Recyclingpapier bzw. umweltschonend hergestelltes Papier verwenden ist es sinnvoll, die jeweiligen Drucksachen mit den entsprechenden Informationen zu versehen, wie zum Beispiel: "Für den Druck dieser Broschüre wurde umweltfreundlich hergestelltes Papier verwendet!"



Verzichten Sie bei der Reinigung auf sogenannte "harte Chemikalien". Dies gilt besonders für die Reinigung von Grill und Arbeitsplatten. Verwenden Sie anstelle von Spezialreinigern, die häufig stark umweltbelastend sind, umweltschonendere Reinigungsmittel. Achten Sie besonders auch auf die vorschriftsmäßige Dosierung der Reinigungsmittel.

Setzen Sie möglichst energiesparende und ressourcenschonende Geräte ein bzw. achten Sie bei der Neuanschaffung von Kühlgeräten, Spülmaschinen usw. auf deren Energie und Wasserverbrauch.

→ Unter www.ecotopten.de finden Sie Produktempfehlungen für besonders umweltfreundliche Elektrogeräte.

Benutzen Sie für die Beleuchtung im Aussen- und Innenbereich Energiesparlampen. Sie helfen Strom einzusparen und haben zudem eine längere Lebensdauer als herkömmliche Glühbirnen.

Erfolgreiche Beispiele aus dem Ausland zeigen, dass Veranstaltungen, egal welcher Größenordnung, durch die Umsetzung von einfachen und praktikablen Maßnahmen, wie u.a. den eben genannten, ökologischer und nachhaltiger gestaltet werden können.



LUXEMBURG
CAPITALE EUROPÉENNE DE LA CULTURE
ET GRANDE REGION

LUXEMBURG – EUROPÄISCHE KULTURHAUPTSTADT 2007

– Empfehlungen zur umweltschonenden und nachhaltigen Organisation von Kultur-Events

Mit der Organisation der "Kulturhauptstadt 2007" bietet sich auch in Luxemburg die besondere Gelegenheit aufzuzeigen, dass die gemeinhin mit großen und kleinen Veranstaltungen verbundenen Umweltbelastungen durch praktikable Maßnahmen reduziert werden können.



Deshalb ist es sehr begrüßenswert, dass die Verantwortlichen der "Kulturhauptstadt" die Idee des "OekoZenter Lëtzebuerg" aufgegriffen haben und bereit waren, das OekoZenter mit der Ausarbeitung von Empfehlungen zur Ökologisierung der Events 2007 zu beauftragen.

Herausgekommen sind konkrete Anregungen: von Handlungsempfehlungen zu Themen wie beispielsweise "Abfallvermeidung/-reduzierung", "umweltorientierte Öffentlichkeitsarbeit" und "Essen+Trinken" über Adressen von Händlern, Lieferanten, Ansprechpartnern u.v.m.

Schauen Sie doch mal rein auf der Homepage www.oeko.lu von OekoZenter Letzebuerg und Mouvement Ecologique: Hier finden Sie Tipps und Anregungen, die einfach und mit vertretbarem Aufwand umgesetzt werden können. Listen mit Anbietern, Produktlieferanten bzw. Händlern, Internetlinks zu Ansprechpartnern und weiterführende Informationen runden die Empfehlungen ab!



Auch bei der Organisation von Festen gilt: Biologische und regionale Lebensmittel, die nach Qualitätskriterien angebaut wurden, verwenden!



Erfolgreiche Beispiele aus dem Ausland zeigen, dass Veranstaltungen, egal welcher Größenordnung, durch die Umsetzung von einfachen und praktikablen Maßnahmen, wie u.a. den eben genannten, ökologischer und nachhaltiger gestaltet werden können.

Mit dem guten Beispiel vorangehen: "Best practice"-Beispiele aus dem Ausland

ÖkoKauf Wien: Kriterienkatalog der Stadt Wien zur Organisation ökologischer Veranstaltungen



Mit dem Ziel bei Veranstaltungen, die in Wien stattfinden oder von der Stadt Wien selbst organisiert werden, einen "ökologischen Standard" einzuführen und andererseits die Organisatoren und Veranstalter zu motivieren ökologische Akzente zu setzen, wurde von der Umweltschutzabteilung der Stadt Wien ein Kriterienkatalog zur Organisation von ökologischen Veranstaltungen ausgearbeitet.

Um eine Veranstaltung mit oder ohne Gastronomie als ökologisch bezeichnen zu können, muss der Veranstalter die folgenden Kriterien erfüllen:

- kein Verkauf von Getränkedosen
- Vorlage eines Abfallentsorgungskonzeptes
- bei Ankündigungen muss ein Hinweis auf Anreisemöglichkeiten mit öffentlichen Verkehrsmitteln und / oder Fahrrad vorhanden sein
- Ankündigungen wie Plakate und Folder müssen (soweit technisch möglich) auf umweltschonend hergestellten Papieren gedruckt werden.

Darüber hinaus müssen verschiedene Kriterien (Muss-Kriterien) aus den Bereichen "Abfallvermeidung und -trennung" und "Verkehrsaufkommen und Emissionen" eingehalten werden, wie z.B. der Einsatz von Mehrweggeschirr und die Verwendung von bzw. der Ausschank aus Mehrweggetränkeverpackungen.

Kriterien, welche die Veranstalter zusätzlich erfüllen können (sogenannte "Kann-Kriterien") sind:

- mindestens zwei Speisen stammen aus biologischer Landwirtschaft
- die Lebensmittel, die aus biologischer Herkunft stammen, werden als solche ausgewiesen
- mindestens eine "Bio"-Getränkeart wird alternativ angeboten

